

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. Robert Garcia), Jean Huss (par M. François Bausch) et Mme Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weller et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Gusty Graas), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

S'est abstenu: M. Jean Colombara.

Dir Dammen an Dir Hären, domadder hätte mer dee Punkt ofgeschloss a mir kéimen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4790 iwwert de Beruff vum Affekot.

Et hu sech schonn ageschriwwen déi Hären: Mosar, Fayot, Bettel, Henckes, d'Mme Wagener an den Här Urbany. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Patrick Santer.

3. Projet de loi 4790 portant transposition en droit luxembourgeois de la Directive 98/5/CE du Parlement européen et du Conseil du 16 février 1998 visant à faciliter l'exercice permanent de la profession d'avocat dans un Etat membre autre que celui où la qualification a été acquise et portant:

1. modification de la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat;

2. modification de la loi du 31 mai 1999 régissant la domiciliation des sociétés

Rapport de la Commission juridique

M. Patrick Santer (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet 4790, deen der Chamber haut zum Vote virläit, huet dräi Voleten.

Den éischte betrëfft d'Ëmsetzung vun der Direktiv 98/5/CE vum 16. Februar 1998 an eis national Gesetz-

gebung. Dat verlaangt eng Adaptatioun vum modifizéierte Gesetz vum 10. August 1991 iwwert den Affekoteberuff. D'Direktiv huet dräi Haaptpunkten:

1. Si autoriséiert d'Ausübung vum Affekoteberuff an engem anere Memberstat aus der Unioun wéi deem, wou den Affekot seng Ausbildung gemaach huet.
2. D'Integratioun vum europäeschen Affekot an de Berufsstand vum Empfangsland no enger gewësser Zäit an ënnert verschidde Bedéngungen.

(Coups de cloche de la Présidence)

3. D'Ausübung vum Beruff innerhalb vun engem Grupp vun Affekoten.

Den zweete Volet vum Gesetzesprojet bezitt sech op eng verstärkt Participatioun vun den Affekoten am Kader vum Conseil disciplinaire et administratif d'appel.

De leschte Volet betrëfft eng liicht Ofännerung vum Gesetz vum 31. Mee 1999 iwwert d'Domiciliatioun vu Gesellschaften.

Här President, a mengem schrëftleche Rapport hunn ech d'Situatioun vun den Affekoten am Kader vum europäesche Recht analyséiert. Ech wëll déi wesentlech Punkten nach eng Kéier uschneiden.

Ënnert der aktueller Rechtssituatioun ass et esou, dass d'Affekoten aus der Europäescher Unioun hire Beruff zu Lëtzebuerg ënner zwou Formen ausübe kënnen:

1. Kënnen si dat ënnert der Form vun der libre prestation des services maachen, dat betrëfft awer nëmmen isoléiert an occasionnel Beruffsakten. Do berëfft ee sech op eng Direktiv 77/249, déi am Gesetz vum 29. Abrëll 1980 ëmgesat ginn ass.
2. Kënnen d'Affekoten aus der Europäescher Unioun sech zu Lëtzebuerg ënner der Form vum Droit d'établissement niddarloossen. D'Konditiounen heifir sinn, dass se sech engem Examen, deen esou eng Aart klengen Avoués-Examen ass, ënnerwerfen.

An anere Wieder ginn hir berufflech Kenntnisser an hir Aptitude, fir den Affekoteberuff zu Lëtzebuerg ausüben ze kënnen, gepréift. Wa si den Test bestinn, da gi si op d'Lëscht I vum Barreau aus der Stad oder vun Dikrech gesat. Hei ass et d'Direktiv 89/48 vum 21. Dezember 1988, déi am Gesetz vum 10. August 1991 iwwert den Affekoteberuff ëmgesat gouf, déi spillt.

D'Direktiv 98/5/CE, déi mer elo an eis national Gesetzgebung ëmsetze mussen, geet nach méi wäit. Si erlaabt den Affekoten aus der Europäescher Unioun, sech zu Lëtzebuerg ze etabléieren, fir d'éischt ënnert hirem Beruffstitel aus dem EU-Land, wou si hir Qualifikatioun gemaach hunn. An enger weiderer Etapp gi si da ganz an de Lëtzebuerger Barreau integréiert.

D'Ausschaffe vun der Direktiv, déi op eng Propos vun 1994 zréckgeet, war mat ville Schwierigkeete verbonnen. D'Lëtzebuerger Regierung war net averstane mam Text vun dëser Direktiv an huet e Recours en annulation virun dem Europäesche Geriichtshaff agereecht. Si huet besonnesch d'Tatsaach kritiséiert, dass déi europäesch Affekoten, virun hirer Inskriptioun hei zu Lëtzebuerg, keng Formatioun am Lëtzebuerger Recht musse maachen, obwuel se direkt Konsultatiounen am Lëtzebuerger Recht kënnen ginn. Dat wär éischters eng Discrimination à rebours vun de Lëtzebuerger Affekoten, déi esou eng Formatioun maache mussen, an domadder eng Verletzung vum Gläichheetprinzip. Zweetens wär dat net am Aklang vum Konsumenteschutz.

Am Uerteel vum 7. November 2001 huet den Europäesche Geriichtshaff der Lëtzebuerger Regierung net Recht ginn an d'Direktiv als valabel erkläert.

Ech wëll drop hiweisen, dass d'Direktiv fir bis spéitstens de 14. Mäerz 2002 transposéiert hätt misse ginn. Well Lëtzebuerg dësen Délai net respektéiert huet, ass vun der Europäescher Kommissioun den 18. Mäerz 2002 eng Procédure en manquement géint de Lëtzebuerger Stat an d'Wee geleet ginn. Och wann d'Chamber haut de Gesetzesprojet stëmme wäert, ka Lëtzebuerg vum Europäesche Geriichtshaff nach ëmmer condamnéiert ginn.

Weiderhin ass d'Direktiv zënter dem 15. Mäerz 2002 d'application directe. Dat heescht, dass en europäeschen Affekot d'Direktiv schonns vun deem Datum un hätt kënnen invoquéieren, fir sech zu Lëtzebuerg ënnert sengem originairë Beruffstitel ze etabléieren an dat ouni national Ëmsetzung vun der Direktiv. Europäesch Affekote krute schonns vu franséische Geriichter Recht a goufen op der Basis vun der Direktiv op e Barreau a Frankräich ageschriwwen.

Ech wëll awer nach präziséieren, dass d'Direktiv de Prinzip, nodeem Lëtzebuerger Affekote sech net gläichzäiteg um Dikrecher an um Stater Barreau aschreiw kënnen, intakt léisst.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll elo e bësse méi am Detail op d'Recht vum europäeschen Affekot agoen, fir sech zu Lëtzebuerg, ënnert sengem originairë Beruffstitel, nidderzeloossen. Déi europäesch Affekote musse fir d'éischt eng Demande un de Bâtonnier stellen, fir op den Affekotentableau ageschriwwen ze ginn. Si mussen dës Demande mat enger Rei vun Dokumenter a Renseignements motivéieren, déi et den Autoritéiten erlaben ze kontrolléieren, ob si wierklech ënnert d'Direktiv falen, dat heescht, ob si op engem anere Barreau ageschriwwen sinn an der Europäescher Unioun.

An enger zweeter Etapp ginn am Kader vun engem Gespréich mam Conseil de l'Ordre dem europäeschen Affekot seng Sproochekenntnisser gepréift. Ech wäert

spéiderhin nach op d'Sproochekonditioun ze schwätze kommen. An enger leschter Etapp gëtt den europäeschen Affekot op eng speziell fir d'europäesch Affekote geschafte Lëscht IV ageschriwwen. Mir hätten also eng Lëscht I, dat sinn d'Avocats à la Cour, eng Lëscht II, dat sinn d'Avocats, dat heescht d'Avocats stagiaires, eng Lëscht III d'Avocats honoraires an eng Lëscht IV d'Avocats européens. De Conseil de l'Ordre informéiert natierlech déi zoustänneg Autoritéit aus dem Hierkunftsland.

Am Prinzip kann den europäeschen Affekot, deen also op der Lëscht IV ageschriwwen ass, darselwechter Aktivitéit wéi de Lëtzebuerger Affekot nogoen, dat heescht hie ka juristesche Konsultatiounen ginn an dat am Recht vu sengem Hierkunftsland, dem internationalen an dem europäesche Recht, mä – an dat ass contestabel, mä et ass esou an der Direktiv festgehale ginn – och am Lëtzebuerger Recht.

Den europäeschen Affekot, wéi de Lëtzebuerger Affekot, dierf awer kenger Aktivitéit nogoen, déi an d'Attributiounen vun enger anerer juristescher Professioun fällt, wéi d'Notairen oder d'Huissieren.

Fir d'Akten an d'Prozeduren, wou d'Interventioun vun engem Avocat à la Cour obligatoresch ass, muss den europäeschen Affekot zesumme mat engem Avocat à la Cour, dee sech constitutéiert a responsabel viru Geriicht ass, schaffen. Um Niveau vun der Postulatioun ass also den europäeschen Affekot un en Affekot vun der Lëscht II assimiléiert.

Wat sinn also d'Obligatiounen vun den europäeschen Affekoten zu Lëtzebuerg? Éischters musse si hire Beruffstitel aus dem Hierkunftsland kloer an däitlech gebrauchen, sou dass keng Konfusioun mat engem Lëtzebuerger Affekot kann entstoen, wou de Beruffstitel deeselwechten ass wéi zu Lëtzebuerg, wéi an der Belsch oder a Frankräich, muss dann den Hierkunftsbarreau ugi ginn.

Zweetens muss den europäeschen Affekot deiselwecht berufflech an déontologesch Regeln, genausou wéi de Lëtzebuerger Affekot, plus déi vum Hierkunftsbarreau respektéieren. An deem Kontext muss en eng berufflech Haftpflichtversécherung, déi equivalent ass zu där vun den Avocats à la Cour ofschléissen, e muss eng Cotisatioun un de Barreau bezuelen a muss déi prozedural Regeln, déi sech virun de Lëtzebuerger Geriichter applizéieren, respektéieren.

Ënnert wat fir enge Bedingunge kann den europäeschen Affekot, deen also op der Lëscht IV steet, an d'Lëscht I ageschriwwen ginn an domadder an allen Hisiichten engem Lëtzebuerger Avocat à la Cour gläichgestallt ginn. D'Haaptkonditioun ass, dass hien zu Lëtzebuerg eng effektiv an eng regelméisseg Aktivitéit während dräi Joer als Affekot nowise muss. Wann hien dobäi op mannst dräi Joer Erfahrung am Lëtzebuerger Recht

einschliesslech am europäesche Recht kann noweisen, da kritt hien eng Dispens vum Examen d'aptitude an da geet e vun der Lëscht IV an d'Lëscht I iwwer.

Wann déi Erfahrung méi kleng ass wéi dräi Joer, da kann déi Dispens och gi ginn ënnert verschidde Konditiounen. Do kontrolléiert de Conseil de l'Ordre d'Ausmooss vu senger Aktivitéit am Lëtzebuerger Recht.

En anere wichtege Volet vum Gesetzesprojet betrëfft d'Ausübung vum Affekoteberuff am Kader vun engem Grupp. Domadder sinn d'Associatiounen ënnert Affekote gemengt. Et ass verbueden, de Beruff vum Affekot am Kader vun enger Associatioun auszeüben, déi och nach aner Berufsgruppe begräift, wéi zum Beispill Notairen, Experts-comptables a Réviseurs. Wann den europäeschen Affekot a sengem Herkunftsland Member vun esou engem Grupp ass, dann däerf hien net säi Beruff zu Lëtzebuerg als Member vun esou engem Grupp ausüben. Weiderhin däerfen esou Gruppe keng Filial zu Lëtzebuerg opmaachen.

Dräi Punkte si vum Statsrot kritiséiert an intensiv an der Commission juridique debattéiert ginn. Den éischte betrëfft d'Sproochekommissioun, deen eis am meeschte Kappzerbrieche gemaach huet. Ech preziséieren, dass d'Fro vun de Sproochekenntnisser all d'Affekote betrëfft, ob se sech iwwert d'Direktiv op d'Lëscht IV aschreiwen oder ob se sech iwwert déi scho bestehend Texter op engem vun deenen zwee Barreauen androen.

Den initialen Text vum Gesetzesprojet hat d'Kenntnis vun den dräi Sproochen operluegt. Et sinn dat d'Sproochen, déi am Gesetz vum 24. Februar 1984 sur le régime des langues virgesi sinn, an zwar d'Lëtzebuergesch, d'Franséisch an d'Däitsch. De Statsrot huet a sengem éischten Avis eng Opposition formelle géint dës Viraussetzung gemaach. Ech kommen nach méi spéit op d'Argumenter vum Statsrot zréck.

Vu dass den Avis vum Statsrot d'Kenntnisser vun dräi Sproochen mat enger Opposition formelle „dans l'état actuel du texte“ versinn hat, huet d'Commission juridique d'Sproochekenntnisser nëmmen op d'Franséisch limitéiert. De Statsrot huet seng Opposition formelle awer bäibehalen, wat eis dozou gefouert huet, no grëndlecher Diskussioun, op den initialen Text, dee vun der Regierung virgeschloe war, zréckzekommen.

Éier ech op d'Argumenter, déi fir oder géint d'Sproochekenntnisser schwätzen, aginn, wéilt ech awer net e Risiko virenthalen, dee mer aginn, wa mer eng Sproochekenntnis operleeën, sief dräi Sproochen oder nëmmen eng Sprooch. De Risiko besteet, dass e Kandidat fir op de Barreau oder en europäeschen Affekot, deen den operluegte Sproochen oder souguer der operluegter Sprooch net mächtig wier, e Recours mécht géint d'Décisioun vum Conseil de l'Ordre, deen dës Persoun net op de Barreau zouléisst.

Ech wëll nach eng Kéier betounen, dass dës Risiko besteet, egal wat fir eng Sproochekenntnisser erfuerdert wieren. Well esou e Recours op der Basis vun den Argumenter, déi an den Avisa vum Statsrot virbruecht goufen, agereecht ka ginn, wëll ech mech kuerz mat deenen Argumenter ausernee setzen.

Och wann de Statsrot nëmmen d'Situatioun vum europäeschen Affekot analyséiert huet an net déi vun de Ressortissants communautaires, déi iwwert den normale Wee op de Barreau kommen, kënnen an deenen zwee Fäll déiselwecht Argumenter mutatis mutandis gëllen.

De Statsrot geet dovunner aus, dass Zil an Zweck vun der Sproocheregulung, eng oder dräi Sproochen, de Verbraucherschutz ass, well wéi soll den Affekot, dee keng vun deenen dräi Sproochen benotzt, sech vis-à-vis vu sengem Client, de Verwaltungen, mä och um Geriicht duerchlappen. De Statsrot ass der Meenung, ech zitieren: „... appliquée aux avocats européens, cette exigence linguistique risque en conséquence d'être perçue, non pas comme le strict respect de l'égalité de traitement, mais comme une exclusion des ressortissants communautaires de l'exercice d'une liberté fondamentale que leur reconnaît le droit communautaire“, an zwar d'Nidderloossungsrecht.

De Statsrot huet sech, fir op dës Schlussfolgerung ze kommen, op d'Uerteel vum Europäesche Geriichtshaff gestäipt, dat festgehalen huet, dass d'europäesch an déi national Affekoten, dat heescht déi, déi ënnert d'Direktiv falen, an déi, déi den Titel am Land kruten, wou se etabléiert sinn, net an därselwechter Situatioun sinn. Dat Uerteel hält och fest, dass an der Direktiv genügend Garantien, wat de Verbraucherschutz ugeet, virgesi wieren. Des Weidere seet de Statsrot, wann d'Memberstaten an dëser Matière eng gewësse Marge de manoeuvre géifen zouerkannt kréien, géifen awer Zweifel ausgedréckt ginn, wat d'Proportionalitéit vun de Sproochekenntnisser par rapport zum ugepeilten Zil ugeet.

Ech deelen dës juristesche Argumentatioun net. Zum enge muss ee soen, dass wann déi europäesch an déi national Affekoten net an därselwechter Situatioun sinn, gëllt dat nëmme par rapport zum Accès zum Beruff an net par rapport zum Ausüben vun deemselwechten. D'Direktiv stellt jo, ënnert verschidde Konditiounen, dës zwou Kategoriën vun Affekote beim Ausüben vun hirem Beruff gläich. D'Sproochekenntnis spillt jo beim Ausüben vum Beruff. D'Droitskenntnisser, d'Universitätsdiplomer, d'Qualification professionnelle spille beim Accès zum Barreau an do, mä nëmmen do sinn déi europäesch an déi national Affekoten tatsächlech an zwou verschidde Situatiounen. Zum aneren huet den Europäeschen Geriichtshaff schonn zu enger Sproochekenntnis Stellung geholl.

Wéi dat am Artikel dräi vum Règlement 1612/68 scho bei de Professions salariées geregelt ass, wou Sprooch-

kenntnisser, ech zitieren: „en raison de la nature de l'emploi à fournir“, gefrot kënne ginn, huet den Europäesche Gerichtshaff an engem Uerteel vum 4. Juli 2000 d'Sproochekenntnis bei Professions libérales erlaabt. D'Fiabilitéit vun der Kommunikatioun tëschent engem Dokter – hei war et also en Dokter – a sengem Patient ass eng vun deene Mesuren, déi eng Aschränkung vun der Liberté d'établissement rechtfertige kënnen.

Ech zitieren: „En effet, tant le dialogue avec les patients que l'observation des règles déontologiques et juridiques spécifiques à l'art dentaire dans l'Etat membre d'établissement et l'exécution des tâches administratives requièrent une connaissance appropriée de la langue de cet Etat.“

Wat bei engem Dokter méiglech ass, soll fir all Profession libérale, also och fir d'Affekoten, gëllen. De Statsrot seet awer, datt dat Uerteel vum 4. Juli 2000 net an deem Fall applicabel wier, well mer et hei mat enger Direktiv ze dinn hätten, wat beim Uerteel Haim II net de Fall war. De Statsrot vergësst awer, datt een ëmmer, mat oder ouni Direktiv, d'Regele vum Traité, op déi d'Uerteel vum 4. Juli 2000 opbaut, invoquéiere kann. D'Hierarchie des normes gesäit dat vir. Den Droit primaire, d'Nidderloosungsrecht vum Artikel 43 vum Traité, priméiert den Droit dérivé, also eng Direktiv.

Dem Statsrot no kënnt eng Sproochekenntnis engem Contrôle a priori vun de Kenntnisser vum Lëtzebuerger Recht gläich, wat vun der Direktiv hier verbueden ass. D'Kontroll vun de Sproochekenntnisser, déi bei den europäeschen Affekoten an engem Gespréich mam Conseil de l'Ordre gemaach gëtt, kann duerchgefouert ginn, ouni mussen noutwenderweis iwwer Droit ze schwätzen. Och zwee Affekote kënne sech ënnerhalen, ouni mussen nécessairement an ëmmer iwwer Droit ze schwätzen – ech hoffen emol.

(Hilarité)

Une voix.- Et weess een ni.

M. Patrick Santer (CSV), rapporteur.- Et weess een ni.

Wéi kann een d'Bedingung vun deenen dräi Sproocher rechtfertigen? Wann een déi Fro beäntwerte wëllt, muss een ëmmer d'Uerteel vum Europäesche Gerichtshaff vum 4. Juli 2000 – dat ech virduer erwähnt hunn – am Kapp behalen: d'Fiabilitéit vun der Relatioun mam Client, de Respekt vun den déontologesche Regelen, déi administrativ Aarbechten.

D'franséisch Sprooch ass d'Sprooch vun der Législatioun, vun der Relatioun mat de Gerichter an de Verwaltungen, tëschent den Affekoten, mam Conseil de l'Ordre. D'Gesetzer sinn op Franséisch geschriwwen. Wat déi däitsch Sprooch ugeet, kann een ervirhiewen, datt d'Procès-verbaux vun der Police, Deeler vun der Steiergesetzgebung, net ze schwätze vun der Doctrine,

déi eis Steiergesetzgebung inspiréiert, op Däitsch geschriwwen sinn. D'Lëtzebuerger ass och noutwendeg. D'Zeile ginn an engem Strofprozess an an engem Zivilprozess, wéi enger Scheedung, üblecherweis op Lëtzebuerger gehéiert, wa se där Sprooch mächtig sinn. D'Assemblée vum Barreau, wou den europäeschen Affekot ka mat stëmmen, ginn op Lëtzebuerger gehalen.

Aus deene Grënn sinn d'Sproochekenntnisser, déi elo am Procès-verbal stinn, noutwendeg. Wann déi aner Länner, wéi Frankräich oder Däitschland, keng Sproochekenntnisser virausgesinn am Kader vun dëser Direktiv, si mir an enger anerer Situatioun. A souwisou, mengt Der, et wär realistesch, wann en europäeschen Affekot, dee kee Franséisch kann, sech zu Paräis nidderléisst an do, ouni e Wuert Franséisch ze kënnen, uerdentlech senger Aarbecht nogoe kann? Ech mengen net.

Dës Sproochekonditioun applizéiert sech net retroaktiv, dat heescht si applizéiert sech nëmmen op d'Affekoten, déi sech nom Akraafttriede vun dësem Gesetz zu Lëtzebuerg aschreiwe wëllen. Déijeeng, déi elo um Barreau ageschriwwen sinn, wäerten et och bleiwen.

Den zweete Punkt, wou et Problemer gi sinn an der Kommissioun, betrëfft d'Zesummesetzung vum Conseil disciplinaire et administratif d'appel. Bis elo besteet dës Instanz aus zwee Conseillere vun der Cour d'appel an engem Affekot. De Projet gesäit vir, datt sech dës Instanz nach ëmmer aus zwee Magistrate vun der Cour d'appel, mä elo aus dräi Affekote vun der Lëscht I zesummesetze wäert. Dës Reform rechtfertegt sech doduerch, datt d'Affekoten d'Schwieregkeete vun hirem Beruff am beschte kennen. Dowéinst mussen si an dëser Instanz méi staark representéiert ginn.

De Statsrot huet dës Reform kritiséiert: Si kéint problematesch sinn an vu vum Artikel 84 vun der Verfassung an dem Artikel 6 vun der europäescher Mënscherechtskonventioun. D'Commission juridique huet dës Kriticken net gedeelt an hält um Regierungsprojet fest. An der Belscht, wou dës Kompositioun schon zënter Joren existéiert, ass et ni zu Kompatibilitäitsproblemer mat der Verfassung oder der europäescher Mënscherechtskonventioun komm.

Den drëtten a leschte Punkt betrëfft d'Domiciliatioun vu Gesellschaften. De Projet gesäit vir, datt nëmmen Affekote vun der Lëscht I, dat heescht Avocats à la Cour, eng Domiciliatiounsaktivitéit ausüben kënnen. De Statsrot huet dës Projet kritiséiert, well en den Aktivitéitsberäich vun den europäeschen Affekote staark beschränkt. D'Commission juridique war net dëser Opfaassung. De Beruff vum Domiciliataire verlangt no enger gewësser Beruffserfahrung, no Kenntnisser vun der Gesetzgebung wéi vun der praktescher Uwendung vun dësen Texter. Souwuel d'Affekote vun der Lëscht II, d'Avocats stagiaires wéi d'europäesch

Affekote vun der Lëscht IV däerfe keng Domiciliatiounsaktivitéiten ausüben, esou laang se net op d'Lëscht I agedroe gi sinn. Dat ass d'selwecht mat der Postulatioun.

Als Rapporteur hoffen ech, datt dëse Gesetzesprojet haut an der Chamber eng breet Zoustëmmung wäert kréien. Ech muss awer soen, datt de Risiko besteet, datt de Conseil d'Etat d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel net accordéiere wäert, well d'Kommissioun der Opposition formelle um Niveau vun de Sproochekenntnisser net Rechnung gedroen huet. An deem Fall misste mer dann am Hierscht nach eng Kéier iwwert dëse Projet ofstëmmen.

Ech soen lech merci.

Des voix.- Très bien.

M. le Président.- Als éischte Riedner ass den Här Ben Fayot agedroen. D'Wuert huet den Här Fayot.

Discussion générale

M. Ben Fayot (LSAP).- Merci, Här President. Ech soen dem Här Mosar merci, datt e mer säin Tour gelooss huet, well ech um fënnef Auer eng Obligatioun hunn an duerfir elo wollt d'Wuert ergreifen.

Här President, ee vun de Grondzich vun der Europäescher Gemeinschaft ass den Ofbau vu Grenzen, net nëmme fir Kapital a Gidder, mä och fir Déngschtleeschungen a fir Leit, déi an Europa schaffen. D'Ëmsetzung vun der Direktiv iwwert den Affekoteberuff gehéiert zu dëser Entreprise. Si ass aus Lëtzebuerger Siicht besonnesch interessant, well d'Affekoten an d'Lëtzebuerger Regierung vun Ufank u géint dës Direktiv waren. Duerfir wollt ech e puer Wuert iwwert d'Entstehungsgeschicht vun där Direktiv soen, déi ech zum Deel materliefte hunn.

Fir d'éischt emol soll een ënnersträichen, datt entgéint deem, wat allgemeng behaapt gëtt, vun der Europäescher Kommissioun net vun uewen erof iwwert eng Professioun verfügt gëtt, mä datt dat an enker Zesummenaarbecht mat der Beruffsorganisatioun vun där Professioun geschitt. Fir d'Affekote besteet jo bekanntlech eng europäesch Beruffsorganisatioun, et handelt sech dobäi ëm de Conseil des Barreaux de la Communauté Européenne, wou déi 15 Länner vun der Europäescher Unioun zesumme mat Norwegen an Island vertruede sinn. Déi Beruffsorganisatioun huet de 27. November 1995 zu Dresden e Kompromiss ofgeschloss, dee 14 vu 17 Länner gedroen hunn. Ënnert deenen dräi Opponente war deemools scho Lëtzebuerg.

Déi Direktiv, déi doropshi vun der Kommissioun ausgeschafft gouf, ass déi drëtt, déi d'Liberté d'établissement vun den Affekoten an der Europäescher Unioun regelt, no der Direktiv vun 1977 iwwert d'libre prestation occasionnelle de services sous le titre professionnel d'origine an der Direktiv vun 1989 iwwert d'Unerkennung vun den Unisdiplomer.

Déi drëtt Direktiv ass geholl ginn, well d'Professioun, mat Ausnahm vu Lëtzebuerg, der Meenung war, datt d'Fro vum Exercice permanent sous le titre professionnel d'origine net geregelt wär, an datt déi Befähigungsprüfung, déi d'Direktiv vun 1989 erméiglecht, en Hënnernis fir d'fräi Ausübung vum Beruff vun den Affekoten an Europa duerstelle géif.

Et gëtt eng Ironie an dëser Geschicht. Den 18. Juni 1996 huet déi deemoleg Rapportrice vun der Direktiv am Europaparlament, d'Mme Nicole Fontaine, constatéiert, datt d'Direktiv vun 1989 effektiv an de véier Joer vun hirer Applikatioun keng Ouverture vun dem Beruff vun den Affekoten an den eenzelne Länner mat sech bruecht hätt, sauf zu Lëtzebuerg, wou eng Ouverture remarquable à la libre activité des avocats non nationaux constatéiert konnt ginn.

Wat jo dann erkläert, firwat datt d'Lëtzebuerger Affekoten der Meenung waren d'Direktiv vun 1989 géif eigentlich duergoen an et bräicht ee keng nei Direktiv fir den Accès vun den Ausländer op d'Professioun zu Lëtzebuerg ze erméiglechen.

Déi zwou Haaptneierunge vun der neier Direktiv par rapport zu der Direktiv vun 1989 sinn duerfir d'Suppressioun vun engem Test d'aptitude, fir um Barreau ugeholl ze ginn, an d'Méiglechkeet ënnert dem Titre d'origine, ouni Zäitlimit, an engem anere Land ze praktizéieren. D'Position commune gouf de 24. Juli 1997 vum Conseil Marché intérieur géint d'Stëmm vu Lëtzebuerg ugeholl. De 16. Februar 1998 gouf se a Kraaft gesat.

Wann ech déi Entstehungsgeschicht rappeléiert hunn, da fir ze weisen, a wat fir eng Logik se sech aschreift. Et geet net drëm, fir den Affekoteberuff oder d'Formatioun vum Affekot europawäit ze harmoniséieren. All Land bleift Meeschter, dës Professioun ze reglementéieren, wéi et wëllt. De Prinzip ass déi géigesäiteg Unerkennung vun der Ausbildung a vun der Beruffspraxis. Esou wéi en Dokter aus der Europäescher Unioun, en Ingénieur oder en Architekt sech zu Lëtzebuerg installéieren a schaffe kann an ëmgekéiert selbstverständlech e Lëtzebuerger Dokter, Ingénieur oder Architekt sech am Ausland, wann en deen noutwendegen Diplom huet an eng Rei spezifesch beruffsbedéngt Konditiounen erfëllt, installéieren a schaffe kann, esou soll dat elo fir d'Affekote gëllen.

Onse Problem als Lëtzebuerger – dat muss een awer nach eng Kéier soen – ass wéi esou oft, dass eist Land esou kleng ass, well engersäits gëtt et vill manner Lëtzebuerger wéi Ausländer – dat wësse mer jo, dat ass eng bekannt Tatsaach –, mä virun allem gëtt et vill manner Lëtzebuerger, déi ausserhalb vun hirem Land schaffe gi wéi Ausländer. Anerersäits gëtt et selbstverständlech d'Angscht zu Lëtzebuerg, onsen Aarbechtsmaart kënnt iwwerschwemmt ginn an d'Ausländer géifen de Lëtzebuerger déi beschte Plazen an déi beschten Affären ewechhuelen.

Ech gleewen net, datt déi Ängschte berechtegt sinn. Virun allem mengen ech, datt zum Beispill Affekoten, déi zu Lëtzebuerg um Barreau sinn, déi hei hir Etude hunn an hir Experienze gemaach hunn, déi dräi a méi Sprooche beherrschen, e grouse Wettbewerbsvirdeel hu vis-à-vis vun engem auslänneschen Affekot, dee sech hei nei etabléiert.

Här President, ech wëll elo net op d'Detailer vun dëser Direktiv agoen, den Här Patrick Santer huet dat excellent gemaach a sengem mëndlechen a schrëftleche Bericht. Hien huet sech ganz vill Méi domat gi während all deene Wochen a Méint, wou déi Direktiv an der parlamentarescher Aarbecht war, an ech wëll him duerfir féliciteieren. Ech wëll mech hei konzentréieren op de Sproochesträit. Dat ass jo e Sträit, deem zu Lëtzebuerg oft gefouert gëtt an e schéngt hei symptomatesch.

D'Regierung hat am ursprüngeleche Projet festgehalen, en auslänneschen Affekot, deem zu Lëtzebuerg permanent schaffe wëllt, misst Franséisch, Däitsch a Lëtzebuergesch beherrschen. De Conseil de l'Ordre hat drop gepocht a mécht dat haut nach, datt en auslänneschen Affekot op d'mannst Franséisch misst beherrschen. D'Argumentatioun - den Här Santer huet se bruecht - ass, datt en Affekot ouni d'Franséisch net um Lëtzebuerger Marché Clientèle kënnt beroden a viru Geriicht fir si plädéiere kënnt. Et geet also ëm Konsumenteschutz. Et geet och ëm e gudden Fonctionnement vun der Justiz, well e friemen Affekot kann net zu Lëtzebuerg Affekot sinn, wann en net de Lëtzebuerger Droit, deem op Franséisch ass, beherrscht.

Effektiv ka kee falsch maachen, datt et wesentlech fir en Affekot zu Lëtzebuerg ass, Franséisch ze kënne, an datt et ganz vill hëlleft, wann en dobäi nach Däitsch, Lëtzebuergesch a jee no den Affären och vläicht nach Englesch kann. Dëst gëtt net vun der Direktiv beréiert. Den Zentralpunkt ass jo, ob déi Sproochekenntnisser an engem Entretien gepréift musse ginn oder net. Dat ass den zentrale Punkt bei dësem Sträit. Dem Conseil d'Etat no an dem Europäesche Geriichtshaff no ass esou eng Prüfung net zoulässeg, well se eng Diskriminatioun vun auslänneschen Affekote géif bedeuten.

Déi zoustänneg Chamberkommissioun, grad ewéi d'Regierung, huet an dëser Fro en Zickzackkurs verfollegt. Fir d'éischt hat d'Regierung en Test d'aptitude fir auslännesch Affekoten an den dräi offizielle Sprooche virgesinn. No der Opposition formelle vum Conseil d'Etat ass den Ussproch dunn op d'Franséisch reduzéiert ginn, well dat d'Sprooch vun de Gesetzter ass an dat war och d'Positioun vum Conseil de l'Ordre vum Barreau. No enger erneuter Opposition formelle vum Conseil d'Etat huet dann d'Regierung all Sproochekonditiounen fale gelooss. Dëst gouf erëm eng Kéier ëmgepucht, nodeem de Conseil de l'Ordre dem Justizminister e Bréif geschéckt hat, an deem en drop insistéiert huet, den auslänneschen Affekot misst op d'mannst Franséisch

kënne. Amplaz op dee Wee ze goen, huet dann d'Majoritéit erëm déi dräi Sproochen an d'Gesetz ageschriwwen, verbonne mat engem Test.

Här President, ech mengen, datt mer där Sproochklausel ze vill Gewicht zoumoossen. Ech wëll soe firwat.

Wann een d'Direktiv genee kuckt, da constatéiert een, dass se genuch Garantië gëtt, fir de Beruff ze regelen a Schued vun de Clienten ofzehalen.

Wat den auslänneschen Affekot ugeet, deem ënnert sengem Titre d'origine zu Lëtzebuerg praktizéiere wëllt, do seet d'Direktiv am Artikel 5, Paragraph 1: „Il respecte, en tout cas, les règles de procédure applicables durant les juridictions nationales.“

Dat heescht ganz kloer, dass déi Prozedurregelen och d'Beherrsche vun der Sprooch oder vun de Sprooche vun der Prozedur beinhalten, implizit also déi Sprooche musse beherrscht ginn.

En ass och – seet d'Direktiv – „soumis aux mêmes règles professionnelles et déontologiques“ wéi d'inlännesch Affekoten. Dat steet am Artikel 6, Paragraph 1.

Dat ass also och erëm eng Kéier eng Regel, déi d'Beherrsche vu Sprooche beinhalt.

De kruziale Punkt – dat ass dat, wat am meeschte Kappzerbrieche mécht –, dat ass deem auslänneschen Affekot, deem no dräi Joer Praxis am Land ënner sengem Titre d'origine als Affekot dann, als sou genannte Lëtzebuerger Affekot, ageschriwwen am Tableau 1, wëllt schaffen.

Ech mengen, och do gesäit d'Direktiv zolidd Garantië vir. Dës Praxis muss nämlech „effective et régulière“ ouni Ënnerbriechung, ausser déi vun der Vakanz, sinn. Deeselwechten Artikel 10 seet: „l'autorité compétente de l'Etat membre d'accueil peut vérifier“ – peut vérifier! – „le caractère régulier et effectif de l'activité exercée et peut inviter, en cas de besoin, l'avocat à fournir oralement ou par écrit des clarifications ou des précisions additionnelles relatives aux informations et documents mentionnés au point a).“

Also och erëm eng Kéier do eng Méiglechkeet, fir ze constatéieren, ob esou en Affekot Sproochen, déi mer hei praktizéieren, beherrscht.

Fir mech huet domat de Conseil de l'ordre all Méiglechkeet, souwuel d'Sproochpraxis, geschwat a geschriwwen, op mannst op Franséisch – an dat ass jo dat, wat de Conseil de l'ordre zu Recht freet –, wéi d'Kenntnisser vun den auslänneschen Affekoten, déi iwwer dës Direktiv op Lëtzebuerg kommen, ze kontrolléieren.

Perséinlech hätt ech näischt géint eng Sproochklausel gehat. Ech hat selwer am Europaparlament 1996, wéi mer dës Direktiv am Plenum haten, eng Partie Amendementen an där Hinsicht abruucht an ech hu se

selwer verdeedegt. Mä praktesch, muss ee soen, wann een d'Direktiv kuckt, wéi se elo do virläit, an och dat, wat hei am Gesetz ass, bréngt esou eng Sproochklausel näischt wesentlech Besseres. D'Direktiv gëtt der Beruffsorganisatioun vun den Affekoten déi Mëttelen an d'Hand, fir d'Qualitéit vun den auslänneschen Affekoten ze kontrolléieren.

Här President, de Projet de loi, deen dës Direktiv transposéiert, féiert Konditiounen fir d'Ausübung vum Affekoteberuff zu Lëtzebuerg an, vun deene mer wëssen, dass se géint d'Direktiv, also géint europäesch Gesetz sinn.

Mir ginn dobäi och nach géint eng formell Oppositioun vum Conseil d'Etat, wat d'Verofschiebung vum Gesetz héchstwahrscheinlech ëm sechs Méint wäert verlängeren an doduerch also Lëtzebuerg méi wéi sécher weinst verspéit a falscher Transpositioun vun der Kommissioun ugesicht a vum Europäesche Geriichtshaff wäert condemnéiert ginn.

Schliesslech maache mer dat alles, wëssend, dass d'Direktiv seit dem 15. Mäerz 2000 d'application directe ass.

Ech mengen also, dass dës legislativ Aarbecht – mat allem Respekt fir déi Méi, déi sech de Rapporteur ginn huet – eng schlecht Aarbecht ass:

1. well se géint europäesch Recht verstéisst;
2. well se déi Chance verpasst, Franséisch als Sproochkonditioun – sou wéi de Conseil de l'ordre et fret – duerchzesetzen, an ech mengen, do wär eng Chance gewiescht, fir dat duerchzesetzen, och vis-à-vis vum Europäesche Geriichtshaff oder vis-à-vis vun der Kommissioun;
3. well se Lëtzebuerg de Ruff kann abréngen vun engem protektionistesche Land, wat dee Ruff op jidde Fall an dësem Secteur net verdéngt;
4. well mer méi wéi sécher an engem Joer en neit Gesetz wäerte stëmme mussen.

Dofir, Här President, stëmme mir Sozialiste géint dëse Projet de loi.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Laurent Mosar agedroen. Den Här Mosar huet d'Wuert.

M. Laurent Mosar (CSV). Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi, dee mer haut diskutéieren, ass a sech d'Transpositioun vun der Direktiv 98/5 vum Europäesche Parlament a vum Conseil vum 16. Februar '98 iwwert d'Ausübung vum Beruff vum Affekot.

Dës Direktiv huet als Objektiv d'Integratioun vum Affekot an deene verschiddenen Etats membres.

De Rapporteur Patrick Santer huet souwuel a sengem schrëftleche wéi a sengem mëndleche Rapport dës Direktiv mat sengen Objektiv am Detail beschriwwen an huet dat, wéi mer dat vun him gewinnt sinn, mat grousser Kompetenz gemaach, awer och an dësem Fall mat ganz vill Gedold. Well et war net ëmmer einfach, och an der Commission juridique, do zu engem Konsensus ze kommen. Ech géif him duerfir och am Numm vu menger Fraktioun e grouse Merci ausdrécken.

Ech wëll mech dofir a mengen Ausféierungen op dat Wesentlech beschränken a mech mat der Fro ofginn, déi am meeschte Welle geschloen huet, nämlech d'Aféiere vun der Sproocheklausel.

Ech wëll hei net méi den Historique vun dëser Sproocheklausel maachen. De Rapporteur huet dat virdrun a sengem mëndleche Rapport nach eng Kéier in extenso gemaach.

Déi aktuell Versioun vum Projet de loi, sou wéi mer se am Moment hei virleien hunn, gesäit also vir, datt an Zukunft all EU-Affekot, dee sech hei zu Lëtzebuerg wëllt niderloossen, muss déi dräi administrativ Sproochen, Franséisch, Däitsch a Lëtzebuergesch beherrschen.

Dës ass dann och a bleift fir meng Fraktioun a mech selwer eng wesentlech Konditioun, an dofir ënnerstëtze mir och de Regierungstext, deen dës Sproocheklausel virgesäit.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer awer vläicht, fir deene Kolleeginnen a Kolleegen, déi net d'Chance hunn, all Dag am enke Kontakt mat eiser Justiz ze stoen, nach eng Kéier opzueechnen, wéi eigentlich d'Prozedur virun eise Geriichtsbanken funktionnéieren a firwat eiser Meenung no et indispensable ass, datt déi zukünfteg Affekoten déi dräi administrativ Sproochen beherrschen.

Et ass sécherlech kee grousst Geheimnis, datt eis Verfassung an och eis allermeescht Gesetzer a Reglementer a franséischer Sprooch verfaasst sinn. Doniewent ginn all Gerichtsakten, Schrëftsätz, Uerteeler op Franséisch rédigéiert. Schlussendlech ginn och e groussen Deel vun de Plaidoirien a franséischer Sprooch gehalen, sou datt ech mer mam beschte Wëllen net ka virstellen, wéi een hei zu Lëtzebuerg den Affekoteberuff halbwegs korrekt wëllt ausüben, wann ee kee Franséisch kann.

Wat elo déi däitsch Sprooch ubelaangt, wëll ech och nach eng Kéier an Erënnerung ruffen, datt en net onwesentlechen Deel vun eiser Gesetzgebung, nämlech d'Steiergesetzgebung, déi sou genannten Abgabenordnung, an däitscher Sprooch verfaasst ass, an et schéngt mer deemno selbstverständlech ze sinn, datt en Affekot och e Minimum vun Däitschkenntnisser muss hunn, wann e wëllt an dëser enorm wichtiger Matière aktiv sinn.

Derniewent, an dëst ass vläicht nach méi wichteg, sinn am Strofgesetzbereich d'Protokollen an däitscher Sprooch verfaasst, sou datt ech mer mam beschte Wëllen net ka virstellen, wéi een Affekot en Ugeklote wëllt a ka verteidegen, wann en dëser däitscher Sprooch net mächteg ass.

Schlussendlech ginn d'Enquêtë praktesch alleguerten a lëtzebuergescher Sprooch ofgehalen, an ech brauch lech hei net op d'Wichtigkeet vun dësen Enquêtën hinzewiesen, dëst ganz besonnesch bei zivilrechtlechen Dossieren. Mä eis Mammesprooch ass och ëmmer méi amgaangen, sech bei de Plaidoirien duerchzesetzen, wat ee jo och ausdrécklech hei muss begreifen, sou datt et zumindest schwierig schéngt ze si fir en Affekot, sech hei ze etablieren, wann en net e Minimum vu Kenntniss vum der lëtzebuergescher Sprooch huet.

Här President, déi lëtzebuergesch Situatioun ass ewéi sou oft net mat där vun anere Länner ze vergläichen a fir d'Spécificitéit ass dann och d'Fanne vun enger Léisung net einfach.

Déi fundamental Fro, déi mir eis an dësem Kontext musse stellen, ass net déi, ob muer e franséischen Affekot enger Gesellschaft engleschem Rechts iwwert déi däitsch Steiergesetzgebung hei zu Lëtzebuerg kann en Avis juridique maachen, mä ob an Zukunft auslännesch Affekote viru lëtzebuergesche Gerichter lëtzebuergesch Recht vertrieed kënne.

Mir mussen eis also hannerfroen, ob en Affekot, deen net déi dräi offiziell Sproochen beherrscht, kann e Bierger effizient virum engem lëtzebuergesche Gericht vertrieeden.

Ech wëll mech dofir och direkt hei verwiere géint dat Argument, datt d'Gesetz vum fréie Marché des Situations géif regelen. Wann nämlech keng Sproocheklausel an eis Affekotegesetzgebung festgeschriwwen gëtt, kann an Zukunft all EU-Affekot sech automatesch op dem Barreau vu Lëtzebuerg oder vun Dikrech androen, dëst mat deene selwechte Rechter a Flichte wéi all aner lëtzebuergeschen oder auslänneschen Affekot, deen elo schonn agedroen ass.

De Bierger dobaussen, dee jo de Choix vu sengem Affekot huet an deen ënnert deene villen Affekote vum Tableau kann iergendwéi een eraussichen, geet also automatesch dovunner aus, Här Klein, datt all dës Affekoten an deem Sënn gläichwäerteg sinn, datt se net nëmmen d'lëtzebuergesch Recht kennen, mä awer och déi dräi offiziell Sproochen maistréieren an domadder an alle Rechtssituatiounen hire Client kënne optimal vertrieeden.

(Interruptions)

Fir hei zum Beispill e konkret Beispill ze ginn: Wa muer e portugiseschen Affekot sech hei zu Lëtzebuerg niderléisst, dee keng vun deenen dräi offizielle

Sproochen beherrscht, sinn ech iwwerzeegt – an et ass jo och gutt esou –, datt en eng ganz Rei vu portugisesche Landsleit wäert als Clientë kréien, déi sech awer net bewusst sinn, datt dësen Affekot zum Beispill net kann e Protokoll liese respektiv eng Enquête suivieren.

Déi lëtzebuergesch Situatioun ass also fundamental verschidde vun där an eisen Nopeschlänner. Sou ass zum Beispill a Frankräich déi franséisch Sprooch an der Verfassung niddergeschriwwen, wat dann och mat sech bréngt, datt all Affekot, dee sech op engem franséische Barreau wëllt niderloossen, forcéiert ass, d'franséisch Sprooch ze maistréieren, well se déi eenzeg Sprooch ass, déi ka virum de franséische Gerichtsbarkeeten an an der Prozedur benotzt ginn.

Leider hu mir hei zu Lëtzebuerg keng vun deenen dräi offizielle Sproochen an der Verfassung festgeschriwwen, sou datt een eng Sproocheregulung nëmme kann iwwer ee Gesetz festschreiwen. Wa mer dat, wéi elo vu verschidde Säite gefuerdert gëtt, net an der Affekotegesetzgebung maachen, sou heescht dat, datt mer muer eventuell och an anere Sproochen kënne plädieren oder konkludieren, wéi dat bis elo de Fall ass.

Fir hei e konkret Beispill ze ginn: Wa muer e griicheschen Affekot heihinner kënnt, dee freet, datt e seng Plaidoirie a senger Mammesprooch ka virdroen, wësse mer dann, datt mer also do musse mat Iwwersetzer fueren, well mer effektiv – an dat wëll ech hei nach eng Kéier betounen – a kenger Gesetzgebung iergendwéi eng vun deenen dräi administrative Sproochen festgeschriwwen hunn. Dat Eenzezt ass, datt d'franséisch Sprooch an der Procédure interne vun der Organisatioun vun eisen Tribunaler festgeschriwwen ass. Et freet sech allerdéngs, ob dat als legal Basis duergeet.

Ech brauch lech also, Dir Dammen an Dir Hären, net déi praktesch Konsequenzen, déi sech aus esou enger Situatioun kënnten erginn, auszemolen, sou datt et fir meng Fraktioun a mech selwer eng Affekotegesetzgebung ouni Sproocheklausel net ka ginn. Ech géing och dofir warnen, d'Situatioun vun den Affekote mat deene vun anere Berufsständ, wéi zum Beispill den Dokteren, ze vergläichen, wou d'Situatioun eng fundamental aner ass.

Här President, ech wëll dann hei op de Virwurf agoen, dee beseet, Mme Wagener, datt duerch dës Sproocheklausel d'Situatioun vun de lëtzebuergeschen Affekoten esou géif cloisonnéiert ginn, dass an Zukunft keen auslänneschen Affekot sech hei méi kënnt niderloossen. Dës Reproche schéngt mer net nëmmen net fondéiert, mä carrément iwwerdréiwven ze sinn, dëst aus haaptsächlech dräi Iwwerleeungen eraus:

1. Haut huet de lëtzebuergesche Barreau elo scho praktesch 50% net lëtzebuergesch Affekoten, déi hei ageschriwwen sinn an déi och an Zukunft wäerten ageschriwwen bleiwen. E groussen Deel vun dësen

net lëtzebuergeschen Affekoten huet d'Cours complémentaires suivéiert an huet de Stage an och den Avouésexamen mat Erfolleg bestanen.

Ech wëll och drun erënneren, datt an der aktueller Praxis all dës Affekoten niewent der franséischer och déi däitsch Sprooch musse kennen, well se do en Examen driwwer ofleeën.

Bis elo huet nach kee vun dësen auslänneschen Affekote géint dës Regelunge protestéiert, au contraire, all Joer constatéiere mer erëm, datt méi auslännesch Affekoten heihinner kommen, déi sech och an d'Cours complémentaires aschreiwen.

Fir all dës Affekoten – an de Rapporteur huet et gesot – ännert sech näischt. Si kënnen och an Zukunft weider um Barreau ageschriwwen bleiwen.

2. Zweet Argument: Déi auslännesch Affekoten, déi wierklech en Intérêt hunn, sech hei zu Lëtzebuerg ze etabliieren, hunn dat an der Zwëschenzäit scho längstens gemaach. Sief dat, datt se sech mat lëtzebuergesche Cabineten associéiert hunn oder dës souguer tel quel iwwerholl hunn. Et ass also falsch, fir hei wëllen dem lëtzebuergesche Barreau oder de lëtzebuergeschen Autoritéiten ze ënnerstellen, mat dësem Gesetz géif versicht ginn, Dieren esou zouzemaachen, datt an Zukunft iwwerhaupt keen auslänneschen Affekot méi sech kennt hei niddërloossen.
3. Drëtt Argument: Och en auslänneschen Affekot, deen an Zukunft wëllt Domiciliatioun maachen an deen dës Sproocheklausel net erfëllt, kann dat am Prinzip maachen, allerdéngs mat der Oplag, datt en dofir muss e speziellen Agrément vun der CSSF kréien. Seng Situatioun ass domat hoergenee déiselwecht wéi déi vum Stagiärsaffekot, dee jo och während der Stagezäit direkt keng Domiciliatioun ka maachen.

Dëst schéngt mer par ailleurs eng absolut verständlech Haltung ze sinn, well ech mengen, et ass essentiell fir déi gutt Réputatioun vun eiser Bankeplaz, datt och an Zukunft en Affekot muss e Minimum vun Experienz a Kompetenz nowiesen, ier e kann Domiciliatioun maachen.

Här President, d'Sproocheklausel ass fir meng Fraktioun eng wichteg Fro, well et geet hei ëm d'Protektioun vum Justiciable an domadder tout court ëm d'Qualitéit vun eiser Justiz.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech froen Iech: Wéi wëllt en Affekot säi Client verteidegen, wann e weder e Protokoll ka liesen nach bei enger Enquête intervenéieren, ausser Stand ass, dem géignerreschen Affekot seng Plädoirie ze verstoen, nach seng eege Plädoirie an enger vun deenen dräi offizielle Sproochen virzedroen?

Mir kënnen dofir och net d'Meenung vum Statsrot deelen, deen a sengen Avisen zur Konklusioun komm ass, datt eng Sproocheklausel géint d'europäescht Recht géif verstoussen a mer elo géife riskéieren, an engem eventuelle Rechtssträit beim europäesche Geriichtshaff de Kierzeren ze zéien.

Ech wëll dës Eventualitéit net ausschléissen, esou wéi ech mengen, een iwwerhaupt ni kann ausschléissen, datt e Gesetz oder eng Dispositioun vun engem Gesetz géint d'Verfassung oder bestehend europäescht Recht verstéisst.

Ech kann dofir och net mat deene Stëmmen averstane sinn, déi behaapten, datt mer mat dëser Klausel géife géint d'europäescht Recht verstoussen.

(Interruptions diverses)

An der Direktiv ass, Här Klein, wann Der gutt nogelauschtert hutt, esou eng Sproochekonditioun absolut net ausgeschloss an de Conseil de l'Ordre vun den Affekoten, wou ech mengen, dass jo awer keng Neophyten am europäesche Recht regroupéiert sinn, ass a senger Stellungnahm zur Konklusioun komm, datt esou eng Regelung konform wier mat dem EU-Recht.

Schlussendlech hunn awer och Spezialisten um Niveau vum Justizministère dës Problematik am Detail studéiert, ier se déi Klausel an de Projet de loi festgeschriwwen hunn.

Ech hu virdrun ënnerstrach, datt een ni kann d'Eventualitéit ausschléissen, mat enger Dispositioun géint d'europäescht Recht ze verstoussen, mä ech behaapten awer och, datt keen haut an hei, Här Klein, mat 100%eger Sécherheet esou eng Net-Konformitéit kennt feststellen.

Ech bleiwen also och als Jurist bei menger Meenung, datt de lëtzebuergesche Stat gutt Argumenter huet, an ech hu versicht verschiddener opzelëschten, fir dës Sproocheklausel hei ze verteidegen, well ech mer net ka virstellen, datt och den europäesche Geriichtshaff un engem substantiellen Ofhuele vun der Qualitéit vun der Justiz an engem EU-Memberland kennt averstane sinn.

Här President, d'Fro, déi mer eis solle stellen, ass net déi, ob dës Regelung eventuell riskéiert, eis e Recours beim europäesche Geriichtshaff anzebréngen, mä ob mir mengen, datt dës Sproocheklausel richteg an onerlässlech ass fir de gudde Fonctionnement vun eise Justizwiesen.

D'CSV-Fraktioun ass op jidde Fall ganz kloer dëser Meenung an dofir bréngen ech hei net nëmmen den Accord vu menger Fraktioun zu dëser Sproocheklausel, mä och zum ganze Projet.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Xavier Bettel agedroen. Den Här Bettel huet d'Wuert.

M. Xavier Bettel (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech dem Patrick Santer merci soe fir dee komplette mëndleche Rapport a fir de schrëftleche Rapport, deen en eis gemaach huet, deen net ëmmer einfach wor, wéi schonn déi verschidde Virriedner dat gesot hunn.

Ech wor ee vun deenen an der Commission juridique, déi de Prinzip vertrueden hunn, datt déi franséisch Sprooch déi wichtegst wier, well dat och d'Sprooch wier, déi an den Texter steet. Ech zitieren lech do den Avis vum Jeune Barreau: „Or, il nous semble évident qu'afin d'être à même d'exercer dès l'inscription à la liste IV une activité effective et régulière en droit luxembourgeois, il faudra au moins connaître la langue de la législation applicable au Grand-Duché de Luxembourg, à savoir pour la quasi-totalité de nos textes législatifs et réglementaires, la langue française.“

Ech hunn awer selwer aus Erfahrung gemierkt, a virun allem ass dat am Droit pénal, dass d'Rapporte vun der Police ganz oft op Däitsch oder op Lëtzebuergesch sinn, an ech hat virun allem eng Situatioun, déi ech selwer materliefst hunn, wou ech um Tribunal de la Jeunesse e Mineur do setzen hat. Dee Client hat eng franséisch Affekotin, de Client an déi franséisch Affekotin konnten net matenee schwätzen an ech hu missen der Affekotin alles op Franséisch iwwersetzen, a wann d'Affekotin plädéiert huet, hunn ech missen deem Jonken alles op Lëtzebuergesch iwwersetzen.

(Interruptions diverses)

Wann Der jo awer wësst, dass en Affekot mat sengem Client soll eng Plädoirie preparéieren, dat heescht och d'Konfienz vum Client hunn a mam Client zesumme kommen, wëll ech net wëssen, wat se während deenen Entrevuen am Prisong gemaach hunn a wéi se sech gekuckt hunn.

Dat heescht, d'Lëtzebuurger Sprooch ass schonn a verschiddene Situatiounen ganz wichteg.

Ech krut dunn och erkläert, dass déi däitsch Sprooch net tragbar wier. Dat heescht, wann ee Franséisch dran hätt, da muss een Däitsch och dra schreiwen. Et stëmmt och, dass de PV vun der Police op Däitsch wor.

Ech mengen, mat Argumenter hunn ech dann och d'Opportunitéit gesinn, fir dass een op jidde Fall awer Franséisch, Lëtzebuergesch an Däitsch an den Text misst schreiwen am Intérêt vum Justiciable. „Il n'y a que les imbéciles qui ne changent pas d'avis“.

Um Cours complémentaire si schonn Examen. Ech si jo nach net esou laang aus dem Cours eraus. Ech kann lech soen, dass et e schrëftlechen Examen am Däitsche gëtt an et gëtt en Examen an der Terminologie juridique anglaise. Wéi gesot, do ginn et schonn déi zwou Sproochen.

Mä do muss ech dem Minister awer eng Fro stellen, well an deem neien Text, dee mer elo stëmmen, ass virgesinn,

dass deen Affekot, deen hei um Barreau assermentéiert gëtt, och déi Lëtzebuurger Sprooch muss beherrschen.

Am Moment ginn et 21 Fächer um Cours complémentaire. Ass elo fir d'Rentrée am Oktober virgesinn, dass och lëtzebuergesch Coursen, dat heescht, „terminologie juridique luxembourgeoise“ oder wéi een dat virgesäit, ugebuede ginn?

D'lescht Joer hate sech 160 Studenten ageschriwwen, an et schéngt, wéi wann en Trend „à l'augmentation“ wär. Et misst een dann awer vläicht déi Leit briefen a soen, dass deen neien Text virgesäit, dass ee Lëtzebuergesch misst beherrschen. Dat heescht, da muss een och eng Formatioun ubidden, fir des Sprooch kënnen ze léieren.

Ech hu virdru scho gesot, dass den Text wichteg ass mat deenen dräi Sproochen. Franséisch, well 99% vun eisen Texter op Franséisch sinn, 1%, d'Steiergesetz, ass op Däitsch a Lëtzebuergesch ass wierklech am Intérêt vum Justiciable, well ech kann lech soen, um Geriicht gëtt ganz oft op Lëtzebuergesch plädéiert.

Ech verstinn net, dass de Conseil d'Etat do eng Opposition formelle gemaach huet, well ech mengen, souguer wann een emol kee Franséisch misst kënnen, fir hei Affekot ze ginn, well mat där Direktiv ass een net e Business-Affekot oder en Affekot spécialisé, neen, et ass een e Vollaffekot. Dat heescht, et huet een all Affären. Dofir ass et scho wichteg, dass een déi franséisch Sprooch beherrscht.

Zu deenen zwee anere Punkten, déi de Projet virgesäit, ass net vill ze soen. Dat éischt ass, dass am Conseil disciplinaire d'Affekote gutt vertruede sinn. Ech mengen, dass déi, déi d'Matière gutt kennen, och do sollen eng wichteg Zuel kréien.

Wat d'Domiciliatiounen ugeet, ass et och wichteg, dass nach méi Sécuritéit fir de Justiciable gemaach gëtt.

Ech bréngen heimat den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei, well deen Text am Intérêt vum Justiciable ass, an déi Leit, déi dat net wëlle bekäppen, déi wore scho laang net méi um Geriicht a wëssen net, wéi dat do leeft. Déi hätte besser eng Kéier dohinner kucken ze goen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes agedroen. Den Här Henckes huet d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir gesinn, dass d'Liberalisatioun munch Problemer opwerft. Et ass esou, dass mer en etlech lëtzebuergesch Affekoten hunn, déi op auslännesche Barreaue ageschriwwen sinn. Mir hunn och ganz vill Affekoten op eisem Barreau, déi net d'lëtzebuergesch Nationalitéit hunn an déi hei aktiv sinn.

Et ass normal, dass all Affekot sech kann an engem europäesche Land établëieren an do schaffen, wou e mengt, dass et noutwendeg wier fir seng Clientèle, dass e sech och do kann um Barreau aschreiwen, quitte dass en an engem Land eng Haaptaktivitéit huet an op anere Barreaue seng Clienten ënnerstëtzt an hinnen do zur Verfügung steet.

Bis elo wor et esou, dass déi auslännesch Affekote konnten op Lëtzebuerg kommen. Si hu sech just missten assistéiere loosse vun engem Lëtzeburger Affekot an da konnte si och hei plädéieren.

Den zweete Punkt, deem ee muss ervirsträichen, ass, dass et ganz kloer ass, dass en Affekot, dee wëllt mat de Leit, déi hei am Land wunnen, schaffen, Franséisch, Lëtzebuergesch an Däitsch muss kënnen, well ouni dat geet et net.

Mir gesinn, dass op de Friddensgerichter bal exklusiv op Lëtzebuergesch plädéiert gëtt. Um Tribunal correctionnel ass e gudden Deel vun den Debatten op Lëtzebuergesch, heiansdo op Franséisch oder op Däitsch. An der Praxis ass ganz vill elo schonn esou duerchgewuess, mä et gesäit een awer och, dass et een Domän gëtt, wou exklusiv Franséisch geschwat gëtt. Dat ass iwwerall do wou de Ministère d'avoué gefrot ass. Dat heescht, beim Tribunal civil, bei der Cour d'Appel, bei der Cour de Cassation, bei der Cour constitutionnelle, an et ass evident, dass en Affekot, deem nuren Däitsch kann, hei zu Lëtzebuerg ganz, ganz vill Schwierigkeeten hätt, fir ze schaffen. E kënnt jo bal nuren um Correctionnel plädéieren, wann en nëmmen déi Sprooch do beherrscht.

Mir hunn also eng Diskussioun hei, wou mat Recht muss gekuckt ginn, wat déi augenblécklech Praxis ass a wat den Intérêt vum Justiciablen dat heescht, wat den Droit du consommateur ugeet.

Mir mengen, dass et richteg ass, dass Franséisch, Däitsch a Lëtzebuergesch muss bestoe bleiwen an dass och den Affekot déi Kenntnisser muss hunn, wann e bei der Justice de Paix oder beim Tribunal correctionnel plädéiert.

Bei deene ganze Prozedure schéngt et eis absolut noutwendeg ze sinn, dass en déi dräi Sproochen kennt. Wann e se net kennt an en hëlt e Client un, deem e wëllt verteidegen an e kann eng Sprooch net, dann engagéiert e seng Responsabilitéit. Et ass ganz evident, dass e franséischen Affekot, dee säi Client schlecht verteidegt, dee verschidden Dossierer net ka verstoen, well se op Däitsch sinn, an dann einfach blannemännerches do eng Plädoirie ofhält, deem net ka mam Client dialoguéieren, deem e falsch versteet, deem d'Zeienaussoen net kann debattéieren an diskutéieren, deem engagéiert seng Responsabilitéit.

Mir mengen, dass dee virleiende Projet de loi zu ganz villen Debatten Ulass ginn huet, a mat Recht. Ech wëll

och dofir de Rapporteur, de Patrick Santer, félicitéiere fir säin excellente schrëftleche Bericht, och fir säi mëndleche Bericht, dee ganz kloer wor an deen d'Problematik och duergeluegt huet.

Mä nach hu mer en ongutt Gefill bei dësem Gesetz. Mir schéngt et och, dass et net konform ass zu den europäeschen Direktiven.

(Interruptions diverses)

Ech mengen also, dass mer hei en Text hunn, wou ënnert där Form, wéi en duergeluegt gëtt, munches ka geregelt ginn.

Ech hunn awer Douten, wa mer net e puer aner Modifications législatives virhuelen, an dat ass notament déi, datt mer soen, datt an all deene Prozeduren, wou de Ministère d'avoués noutwendeg ass, d'Franséisch eleng muss spillen. Wa mer augenblécklech d'Gesetz vum 24. Februar 1984 iwwert de Régime des langues gesinn, da steet am Artikel 3: „En matière administrative, contentieuse ou non contentieuse, et en matière judiciaire, il peut être fait usage des langues française, allemande ou luxembourgeoise, sans préjudice des dispositions spéciales concernant certaines matières.“

Dat heescht, datt elo op de lëtzebuergesche Gerichter Franséisch, Däitsch oder Lëtzebuergesch ka gefuerdert ginn. Dat kéint zum Beispill mat sech zéien, datt en däitschen Affekot – fir elo deem ze nennen – kéint verlaangen, datt den Tribunal civil oder d'Cour de cassation misst d'Uerteeler op Däitsch maachen. Hie kéint verlaangen, datt hie kéint seng Konklusiounen op Däitsch maachen. Wéi et geet, datt en déi aner Sprooch net kennt, dat schéngt mer relativ komplex ze sinn.

Mir mengen, datt et noutwendeg wier, fir dat Gesetz vum 24. Februar 1984, iwwert de Régime des langues, ze complétéieren duerch e Gesetzesprojet, wou mer géinge soen, datt iwwerall do, wou de Ministère d'avoués gefrot ass, an allen Actes d'avoué an de Konklusiounen, de Jugementer an Arrëten, datt eleng d'franséisch Sprooch Gültigkeet hätt.

Dat géing op jiddfer Fall vis-à-vis vun deenen Affekoten, déi wëllen op Lëtzebuerg kommen, eppes ganz kloer maachen, dat ass, datt se déi franséisch Sprooch müssen op jiddfer Fall kënnen, fir déi Actes de procédure kënnen ze maachen. Den Dialog mam Client soll dann entweder op Franséisch, Däitsch oder wéi d'Affär et noutwendeg erweist, geschéien. Da kann en dat akzeptéieren. Wann en et net akzeptéiert, dann engagéiert en, menger Meinung no, deem Abléck seng Responsabilitéit.

Mir wäerten ons duerfir bei dësem Projet de loi, well mer geduecht haten, datt et net gutt wier, fir dee Projet de loi nach virun der Vakanz, an e bësselchen ënnert dem Drock vun den Instances judiciaires communautaires, elo nach duerchzebaatschen...

M. Lucien Weiler (CSV).- Also, Här President, den Här Henckes schwätzt zwar Lëtzebuergesch, mä ech verstieguer net, wat e wëllt soen.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Ech kann lech eng Micky Mouse zeechnen, Här Weiler, mä dat wat ech wëll soen, dat ass, datt mir ons wäerte bei dësem Projet de loi enthalen.

(Interruptions diverses)

Mir fannen nämlech, datt den Text, esou wéi en elo virläit, net alle Préoccupatiounen Rechnung dréit, datt mer Hésitatiounen hunn, fir op dee Wee mat ze goen. Mir hu gemierkt, datt en anere Punkt, deen de Rapporteur ugeschwat huet, an onsen A kann zu Debatten Ulass ginn, dat ass, datt den auslänneschen Affekot keng Domiciliatiounen ka maachen. Ech wëll just soen, datt dat nach kënnt zu Debatten Ulass ginn. Duerfir déposiere mer déi Motioun, déi ech ugekënnegt hunn.

Motion 1

La Chambre des Députés

- *considérant que la loi du 24 février 1984 sur le régime des langues prévoit en son article 3 intitulé „Langues administratives et judiciaires“ que: „En matière administrative, contentieuse ou non contentieuse, et en matière judiciaire, il peut être fait usage des langues française, allemande ou luxembourgeoise, sans préjudice des dispositions spéciales concernant certaines matières“;*
- *considérant qu'en vertu de la Directive 98/5/CE l'exercice permanent de la profession d'avocat dans un Etat membre autre que celui où la qualification a été acquise est facilité;*
- *considérant que le législateur luxembourgeois exige que les avocats tombant sous le champ d'application de la prédite directive doivent apporter la preuve de leur connaissance des langues administratives et judiciaires, à savoir les langues française, allemande et luxembourgeoise, conformément à l'article 3 de la loi du 24 février 1984 sur le régime des langues;*
- *considérant que ces exigences linguistiques garantissent l'égalité et l'équité de traitement de tous les justiciables devant les cours et tribunaux;*
- *considérant que dans la pratique judiciaire tous les actes judiciaires tels que jugements, arrêts et corps de conclusions sont rédigés en langue française;*

demande au Gouvernement

- *d'inscrire dans la loi du 24 février 1984 le principe que tous les actes d'avoués, les jugements et les arrêts soient rédigés exclusivement en langue française, afin de garantir une langue judiciaire commune à toutes les procédures où le ministère d'avocat avoué est obligatoire.*

(s.) *Jacques-Yves Henckes, Jean Colombero, Fernand Greisen, Aly Jaerling, Robert Mehlen.*

Am Kontext vun der Problematik vun den Affekote wollt ech awer den Här Minister froen, wou mer dru si mam Projet de loi, deen den Affekoten et erlaabt, sech an enger Société ze organisieren. Do ass eng ganz grouss Demande do an ech wär frou, wann d'Regierung dee Projet de loi an den nächste Méint kéint an der Chamber deposieren.

M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Mme Renée Wagener agedroen. D'Mme Wagener huet d'Wuert.

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- Merci fir d'Wuert, Här President. Ech wëll par rapport zu deem Projet, iwwert dee mer haut diskutieren, mech op zwee Punkte beschränken, déi schonn thematiséiert gi sinn: d'Sproochekonditioun an d'Zesummesetzung vum Conseil de discipline, déi menger Meenung no alle béid e politeschen Impakt hunn.

Besonnenesch fir den éischte Punkt vun der Sproocheregulung ass dat de Fall. Dat mécht sech schonn doduerch bemierkbar, dass dee Punkt, e bësse wéi bei engem Roulette-Spill, op alle méiglechen Entscheidungsfelder an deene leschte Méint gelant ass, iert dass d'Boule dunn do ukomm ass, wou se fortgaange war; nämlech bei der Konditioun, dass déi europäesch Affekoten elo mussen dräi Sproochen, nämlech Franséisch, Däitsch a Lëtzebuergesch, beherrschen, fir sech hei kënnen ze etabléieren.

D'Kommissioun huet selwer en zimlechen Eeërdanz gemaach. Fir d'éischt opgrond vun der Opposition formelle vum Statsrot huet se d'Propositoun vun der Regierung, vun deenen dräi Sproochen, ofgelehnt an huet fir Franséisch als eenzeg Sproochekonditioun optéiert. Dunn, wéi de Statsrot seng Opposition formelle oprechterhalen huet, huet se all d'Sproochekonditiounen eliminéiert an dat op ausdréckleche Wonsch vun der Regierung. Elo schliesselech si mer erëm bei deenen dräi Sproochen ukomm an dat - huet een d'Gefill - haaptsächlech op Drock vun engem Beruffsstand, deen hei en cause ass.

Dass d'Kommissioun esou virgeet, beweist eiser Meenung no e gewëssenen Iwwereifer, well de Barreau selwer, zumindest an deene Bréiwer, déi e geschriwwen huet, oder deenen Avisen, déi e gemaach huet, sech ëmmer mat der Konditioun vum Franséische begnügt huet, esou dass mer am Fong hei iwwert d'Zil erausschéissen. Mir hu schonn zënter 1991 ee Gesetz iwwert d'Professioun vun den Affekoten. Bis elo schéngt déi Problematik vun de Sproochen net esou grouss gewiescht ze sinn, respektiv zumindest huet een ausserhalb vun deene Kreesser vum Barreau net matkrut, dass dat e Riseproblem wär, obwuel et an deem Gesetz méi prezis ëm d'Integratioun an

d'Professioun gung, während mer hei bei der Ëmsetzung vun der neier Direktiv emol an éischter Linn den Etablissement vun Affekote regelen. Et geet an der Praxis ëm Leit, déi net an éischter Linn an d'Professioun wëllen integréiert ginn, mä éischter als Conseiller juridique wëlle schaffen.

Och wa se hire Wee op de Lëscht bis zum Avoué da maachen, da muss een awer feststellen, dass mer hei elo d'Kreatioun vun zwou Klasse vun Affekoten hunn, nämlech déi, déi nei erakommen an eben elo mussen déi Sproochekonditiounen erfëllen, an déi, déi schonn hei sinn an dat dann net brauchen. Woubäi ee sech d'Fro kéint stellen: Wéi et dann zum Beispill mat den Däitschenkenntnisser vu Leit ass mat lëtzebuergescher Nationalitéit, déi haaptsächlech a franséischsproocheg Länner studéiert hunn oder souguer mat de Franséischkenntnisser vu Lëtzeburger, déi Droit an England studéiert hunn. Do misst ee sech jo dann awer d'Fro stellen iwwert d'Kompetenze vun deene Leit a Beräicher, wou déi Sproochen néideg sinn.

Ouni, Här President, d'Schwieregkeete wëllen ze leegnen, déi sech dorausser erginn, dass een/eng Affekot/Affekotin net oder schlecht ka mat hirer Clientèle, respektiv mam Geriicht kommunikéieren, wa se haaptsächlech Franséisch, mä eventuell och aner Sproochen net beherrscht, menge mir dach awer, dass sech déi Problemer gréisstendeels an der Praxis vum selwe léisen. Wien d'Lëtzeburger Recht wëllt verstoen, muss Franséisch kënnen, am Steuerrecht och Däitsch. Wie mat senger Clientèle wëllt kommunizéieren, muss hir Sprooch léieren oder kritt just Clienten, déi seng Sprooch schwätzen.

Ech froe mech also, wann Affekoten, déi déi Sproochen net kënnen schwätzen, da wierklech déi doten Démarche géife maachen, wéi vill Clienten, dass déi, déi iwwer eng gewëssen Zäit dann tatsächlech kréien oder behalen, well sech jo da ganz schnell awer wäert erweisen, dass se net à même sinn, fir dee Beruff op eng zefriddestellend Aart a Weis auszeüben.

Duerfir, Här President, hätte mir à la rigueur kéinte mat enger Franséisch-Konditioun liewen, well de Gros vun den Texter vum Lëtzeburger Recht jo an där Sprooch gehalen ass. Mir hunn eis finalement awer fir d'Ofgesi vun alle Sproochekonditiounen ausgeschwat, esou wéi et de Statsrot proposéiert. Ech mengen awer – a wann een nogelauschtert huet haut de Mëtteg –, dass wann d'Majoritéit op dee Wee gaang wär vun der Konditioun vum Franséischen, dass dann, wann net e Konsens, zumindest dach vill méi eng grouss Eenegkeet op deem heite Punkt hätt kéinten erreecht ginn. Ech sinn e bëssen erstaunt iwwert d'Démarche, déi schlussendlech vun der Majoritéit vun der Kommissioun gewielt ginn ass.

Et ass interessant, dass an der Sproochematière e gewësse Flou herrscht, deen net nëmmen deen heite Beräich betrëfft, mä awer och deen heiten. Ech hunn an

der Kommissioun d'Fro opgeworf: A wéi enger Sprooch, dass dann eigentlech misst plädéiert ginn, respektiv Jugementer geschwat ginn? Ech krut du geäntwert, dass et theoretesch méiglech wär, eng Requête net op Franséisch ze verfaassen, mä op Däitsch oder souguer op Lëtzebuergesch, an dass dann eigentlech de Jugement och misst an där Sprooch sinn, déi de Justiciable gewielt huet. An der Praxis schéngt dat bis elo kaum oder guer net virkomm ze sinn, mä déi theoretesch Méiglechkeet weist awer, dass et effektiv eng Matière ass, wou villes hei zu Lëtzebuerg net geregelt ass. Et ass also zum Deel e Problem vu Prozedure festleeën, mä mir mengen awer trotzdeem, dass dat hei eng politesch Fro ass.

Dat gesi mer op verschiddenen Ebene confirméiert. Engersäits duerch d'Tatsaach, dass hei - an dat ass besonnesch an der Kommissioun geschitt - künstlech Lienen hiergestallt ginn, zum Beispill mat der Sproocheproblematik an der Fonction publique oder beim Nationalitéitgesetz. Et ass eigentlech ugedeit ginn, dass ee misst do Parallelen zéien, an dass duerfir hei missten elo déi dräi Sproochen verlaangt ginn.

Wann een dat zu Enn denkt, da wier Lëtzebuerg amgaang, op de Wee ze goen, an Zukunft am gesamten Nidderloossungsrecht dräi Sproochen ze verlaangen, an da kéint een effektiv op de Gedanke kommen, dass net nëmmen déi heite Berufskategorie, mä och anerer, wéi d'Architekten, d'Garagisten, firwat net d'Cabaretieren elo missten déi Sproochekonditiounen erfëllen, wa se sech zu Lëtzebuerg wëilten etabléieren.

Deen zweete Punkt, wou mir mengen, dass dat hei e Politikum ass, dat ass d'Aart a Weis, wéi a vu wem iwwert déi Sproochekenntnisser jugéiert gëtt. Mir hate schonn am Kontext vum Nationalitéitgesetz vill Diskussiounen ronderëm déi Fro. An deem Gesetz ass et jo esou, dass d'Police respektiv d'Beamte vum Etat civil Entretien mat de Leit maachen, an dass opgrond vun deene Rapporten, déi doraus entstinn, dann Décisiounen falen. Dat hat schonn deemools fir ganz vill Kontroverse gesuergt, well een effektiv sech awer d'Fro ka stellen, ob dat dee richtege Wee ass, fir virzegoen.

An deem heite Fall ass elo virgesinn, dass de Conseil de l'Ordre en Entretien oral mécht. Ech weess net, ob dat soll méi eng objektiv Aart a Weis ginn, fir déi Saachen do ze jugéieren. Op alle Fall, an och de Statsrot weist drop hin, gëtt hei dem Arbitraire d'Dier ganz grouss opgemaach. Dobäi kënnt, dass hei dann erëm eng Kéier de Berufsstand selwer doriwwer jugéiert, wie kann doran opgeholl ginn a wien net.

Här President, ech sinn als Journalistin gutt placéiert, fir extrem virsiichteg ze si géigeniwwer Systemer, wou déi Leit driwwer jugéieren, wien där Member an hirem Club ginn, déi selwer eegen Intérète par rapport zu hirem Berufsstand ze verteidegen hunn. Ech stinn iwwregens net eleng do mat menger Meenung, de

Jeune Barreau kritiséiert de Fait, dass de Conseil de l'Ordre sech – wann en op deen dote Wee geet – de Reproché vu Partialitéit a vun Arbitraire aussetzt.

Eng allgemeng Konklusioun misst eiser Meenung no jiddefalls gi sinn: Wa scho Sproochkonditiounen an alle méigleche Liewensberäicher - an dat schéngt jo déi nei Tendenz ze sinn, déi hei verfollegt gëtt - verlaangt ginn, da missten endlech awer méi objektiv Kontrollinstrumenter geschafe gi wéi déi Léisungen, déi mer bis elo op den Dësch kruten.

Drëttens, Här President, menge mer, ass et och eng politesch Fro duerch dee Fait, dass d'Sproochekonditioun op e gewëssenen Drock hin zustane komm ass. Ech hu jo virdru beschriwwen, wéi hei tëschent deene verschiddene Positiounen hin- an hiergespronge ginn ass. Lëtzebuerg riskéiert jo elo nach eng Kéier veruerteelt ze ginn.

D'Parlament wäert mat Sécherheet, an do géif ech gär eng Wett mat verschiddene Leit agoen, dat Gesetz hei missen ëmänneren iwwer kuerz oder laang. Wa sech hei, net wéi et elo festgehalen ginn ass, op d'Konditioun vum Franséische reduzéiert gi wär, hätt een d'Démarche kënnen novollzéien, well se mat prakteschen Argumenter ze ënnerleeë gewiescht wär. Et schéngt sech awer, vu dass elo hei déi drai Sprooche verlaangt ginn, éischter ëm e verkapptene Korporatismus ze handeln, woubäi awer wäit méi streng Positiounen erauskomm si wéi déi - ech hunn et virdru schonn ugeschnidden -, déi de Barreau verlaangt huet. Guer net ze schwätze vum Jeune Barreau, deen an där dote Fro, wann een deen Avis noliest, nach vill méi nuancéiert ass.

Interessant ass och, dass hei d'Intérête vum Justiciable an d'Konsumenterechter ëmmer erëm évoquéiert ginn, fir déi Démarche do ze argumentéieren.

Här President, et ass e bësse schued, a vläicht misste mer och besser Prozedure fanne fir déi Leit, déi eigentlech Konsumenterechter vertrieeden, anzebannen. Mä et ass awer interessant, datt ee vun deene bis elo guer näischt héieren huet iwwert d'Rechter vun de Konsumenten an iwwert d'Intérête vum Justiciable. Et sinn am Fong déi Leit, souzesoen déi, déi mat hinnen als Clienten ze dinn hunn, déi elo hei ganz haart vun deenen aneren hire Rechte schwätzen, déi ee misst schützen.

Ech fannen dat e bëssen eng speziell Aart a Weis an ech hätt gär gewosst, wat dann d'Vertrieder an d'Vertriederinne vum Konsumenteschutz zum Beispill zu deenen heiten Argumentatiounen gesot hätten.

Déi Leit, déi do sinn, fir déi Rechte vun de Justiciablen ze verteidegen, déi hu sech eigentlech hei guer net zu Wuert gemellt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et geet eiser Meenung no hei haaptsächlech dorëms, dass grouss auslännesch Rechtsberodungs- an Affekotefirmen

amgaang sinn, sech zu Lëtzebuerg ze implantéieren, an dass déi etabliert Betriber zu Lëtzebuerg elo ufänken e bëssen ze zitteren. Mä deem, an dat ass an der Kommissioun och scho gesot ginn, kann een och net mat Mesurë wéi där heiter entgéintrieden. Well et genuch Lëtzebuerger Affekote ginn, déi bereet sinn, fir an deene Betriber matzeschaffen, an domat kann dee Problem vun der Sprooch dann ëmschëfft ginn.

Zweete Punkt, Här President, d'Compositioun vum Conseil disciplinaire et administratif d'appel. E Gremium, un dee sech och d'europäesch Affekote kënnen wënnen, déi zum Beispill dann e Refus d'inscription kréien.

An deem Gremium sollen d'Assesseurs-avocats elo net méi an der Minoritéit, mä an der Majoritéit sinn, an hei gëllen dann déiselwecht Argumenter, eiser Meenung no, vun der Partialitéit wéi par rapport zum Conseil de l'Ordre.

Och de Statsrot suggéiert, dass net d'Intérête vum Berufsstand an esou Fäll en cause sinn, mä d'Grundrechter vun den auslänneschen Affekoten, an dass dat dote keng sënnvoll Démarche ass. Mir kënnen d'Meenung vum Statsrot och hei nëmmen ënnerstëtzen.

D'Konklusioun, Dir Dammen an Dir Hären: Trotz deene laangen Auseinandersetzungen, déi mer haten, ass dat hei kee gudden Projet, keng uerdentlech Ëmsetzung vun der Direktiv, mä e Schoss mat Platzpatrounen, deem säi Gedausch vläicht e puer Leit kuerzfristeg wäert beandrocken, mä dee säin eigentlecht Zil awer guer net kann treffen.

Plusieurs voix. - Très bien.

M. le Président. - Als lescht Diskussionsriednerin ass d'Mme Simone Beissel agedroen. D'Mme Beissel huet d'Wuert.

Mme Simone Beissel (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt och mäi Merci un de Rapporteur Patrick Santer fir säin excellente schrëftleche Rapport an dëser komplexer a relativ delikater Matière.

Komplex, well et hei drëm geet, eng europäesch Direktiv iwwert d'Integratioun vum Affekot an d'Professioun am Pays d'accueil an onst Lëtzebuerger Recht ëmzesetzen. Am Kloertext heescht dat, dass d'Konditiounen an d'Modalitéiten festgeluegt ginn, ënnert deenen de sou genannten „Avocat européen“ zu Lëtzebuerg säin Affekotberuff ka permanent exercéieren.

Komplex och, well dësse Projet de loi mat der Direktiv muss harmonéieren. Eng Direktiv, déi net virgesäit, professionell Regeln am Pays d'accueil ze modifizéieren, grad esou wéi se net virgesäit, dass den Avocat européen sech der Uwendung vun dëser Regele kënnt entzéien.

Komplex an delikat, well ee Lëtzebuerg mat kengem aneren EU-Land ka vergläichen, wat onse Sproochesystem ugeet, onsen Trilinguisme, dee jo d'Identitéitsetikett vu Lëtzebuerg an dem multikulturellen Europa ass.

Här President, meng Virriedner hunn ausgiebig déi verschidde Problemer bellicht, déi diskutéiert an deelweis amendéiert goufen an der Kommissioun. Et sinn dat: d'Qualifikatioun, d'Prozeduren, fir sech anzeschreiwen op där neier Lëscht IV um Barreau, d'Pièces à l'appui an no engem mëndlechen Entretien mam Conseil de l'ordre des avocats, wou dem Postulant seng linguistesche Kenntnisser a priori gepréift solle ginn. Et gëtt festgehalen, wat den Avocat européen eleng maache kann an dierf, zum Beispill juristesche Consultatiounen a sengem eegenen nationale Recht, Consultatiounen am EU- an internationale Recht, esouguer Consultatiounen am Lëtzebuerger Recht.

Wat muss den Avocat européen ënnert der Egide, de Fittiche vun engem Avocat à la Cour maachen? All Akten, all Prozeduren, fir déi de „ministère d'avocat“ erfuerdert ass, en Avocat à la Cour, dee sech constituéiert an deem d'Verantwortung vis-à-vis vum Geriicht dréit.

D'Recht fir Domiciliatiounen ze maachen, dat hu mer scho gesinn, ass bis dato den Avocats à la Cour reservéiert ginn. Dat heescht, dass d'Avocats européens während dräi Joer, der sou genannter Période d'assimilation, net d'Recht hunn, selwer Domiciliatiounen vu Gesellschaften ze maachen.

De Grond ass manifeste, de Grond ass och legitim: Eng héich Qualification professionnelle ass de mise, well all Affekot, deem Domiciliatiounen mécht, dréit eng héich Verantwortung. Hie muss dofir eis Gesetzgebung, eis Réglementatioun am Detail kennen, well e ka konfrontéiert gi mat Problemer vu Geldwäisswäscherei.

Lëtzebuerg participéiert jo aktiv an der Lutte antiblanchiment. Fir d'Effikassitéit vun deene Moossnamen ze garantéieren, müssen all d'Acteuren, an dodrënner d'Affekoten, déi néideg professionnell Kompetenz, Experienz an Wäitsicht hunn, soss kann de System net uerdentlech fonctionnéieren. Dat duerf awer net sinn, well et geet hei ëm Seriositéit, ëm d'Crédibilitéit vun der Lëtzebuerger Finanzplaz.

Ech wollt nach kuerz op de Conseil disciplinaire et administratif d'appel agoen. Ech kann net d'accord si mat der Mme Wagener, déi hei Beanstandungen huet, dass elo an där Kompositioun zwee Affekote méi solle sinn. Dat ass gepréift ginn um Niveau vun dem Artikel 84 vun der Constitutioun. Do sinn d'Meenungen ausernee gaangen a si leie menger Meenung no falsch, well den Artikel 84 vun der Verfassung just virgesäit, dass all Contestation d'ordre civil vun de Juridictions civiles muss toiséiert ginn. Or, hei geet et haaptsächlech

ëm déontologesch Regeln, et ass also en anere Gremium. Et ass och gepréift ginn, ob dee System kompatibel ass mam Artikel 6 vun der Convention européenne des droits de l'Homme. Dat ass och an der Rei. Esouguer am belsche System hu se déiselwecht Kompositioun ageféiert vun deem Conseil disciplinaire, an et huet fonctionnéiert, ouni dass iergendee Recours gemaach ginn ass.

Dat fir der Mme Wagener just ze soen, dass normalerweis do kee Problem dierft kommen.

Elo e puer Wuert zu de Sproochekonditiounen, déi am definitive Projet festgehalen gi sinn. Do muss ech der Mme Wagener och awer direkt eng Rectificatioun maachen. Et ass net esou, wéi si hei gesot huet, dass de Barreau vun Ufank un d'accord war, fir op déi dräi Sproochen ze verzichten, an en hätt sech nëmmen op déi éischt, op d'Franséisch limitéiert. Wann Der den éischte Rapport vum Conseil de l'ordre minutiéis liest, Mme Wagener, dann hutt Der do gesinn, dass de Barreau seet, dass si voll kënne mat deem System vun de Konditiounen vun deenen dräi Sproochen liewen. Wéi mir do eng Restrictioun gemaach hunn, a mir eis ee Moment an der Kommissioun, an Dir waart jo selwer dobäi, op Franséisch limitéiert hunn, huet de Barreau gesot: „Et bien, et ass zwar net ideal, mä mir kënnen och dermat liewen, wann Dir dat richtig fannt, fir dass minimal Franséisch als Konditioun festgehalen gëtt.“ Well mer eis déi Saach iwwerluegt hunn an och d'Schwieregkeete gesinn hu mat där enger Sprooch, well dat eis awer net iwwerzeegt huet, ass elo de Conseil de l'Ordre a senger leschten Iwwerleeungen, déi mir matgedeelt kritt hunn, heilfrou, dass de Projet de loi a senger initialer Versioun haut debattéiert gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Lëtzebuergesch ass eis national Sprooch seit dem Gesetz vum 24. Februar 1984. Lëtzebuergesch ass och eis Mammesprooch, déi Sprooch, an där mir schonn als kleng Kanner eis éischt Wënsch an éischt Protester ausdrécken. Lëtzebuergesch ass och d'geleefeg Sprooch, déi vun de Leit an eisem Land geschwat gëtt a vun alle soziale Schichten am ganze Land, a bei alle gudden a schlechte Geleeënheeten.

Eis Geschicht huet et mat sech bruecht, dass mir schonn am leschte Jorhonnert ëmmer niewent Lëtzebuergesch, deemools nach en Dialekt, Däitsch a Franséisch als administrativ an Aarbechtssproochen zu Lëtzebuerg haten. Ech wëll och awer drun erënneren, well vill vun eis hunn dat vergiess, dass säit der zweeter Verfassung vun 1848, déi de Virreider ass vun eiser heiteger Verfassung, a bis 1948 an eise Verfassungen e speziaalt Recht fir d'Lëtzebuerger stoung. Dat heescht, am Kapitel iwwert dem Lëtzebuerger seng Rechter war dem Lëtzebuerger ee Grondrecht garantéiert, nämlech de fräie Gebrauch souwuel vun der däitscher wéi vun der franséischer Sprooch. Dat stoung an eiser Verfassung!

Nom Krich, an dat war verständlech, wollt kee méi „Houdäitsch“ héieren an den Artikel ass aus der Verfassung erausgeholl ginn. Den neien Artikel heescht säithier, Dir kennt en: „De Gebrauch vun de Sproochen a Verwaltungs- a Gerichtssaache gëtt duerch Gesetz geregelt.“

Seit dem Gesetz vu '84 steet am Artikel 3 – ech répétéieren et nach eng Kéier, well et schéngt mer wichteg, quitte dass de Kolleeg Jacques-Yves Henckes et schonn zitëiert huet: „En matière administrative, contentieuse ou non contentieuse, et en matière judiciaire, il peut être fait usage des langues française, allemande ou luxembourgeoise, sans préjudice des dispositions spéciales concernant certaines matières.“

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet, dee mir haut debattéieren, ass an deemselwechte Geescht, an darselwechter Logik concevéiert. Dat huet, Mme Wagener, näischt mat Korporatismus ze di vun den Affekoten. Dir mengt, si géifen zidderen. Si si momentan zu dausend Affekote vu ganz villen Nationalitéiten an all Affekot stellt do hir Fra a säi Mann. Si zidderen net, och wann egal wat fir eng schwierig Gesetzer kommen, well si hu sech scho säit Jorhonnerten iwwer sämtlech schwierig Gesetzer agelieft a si hunn nach ëmmer iwwerlieft a si bestinn nach ëmmer.

Mä eppes gëtt hei vergiess: Wat ass dem Affekot seng Haaptaufgab? Si leeschten en Eed, dass se géifen de Leit hëllefen, dass se d'Leit géife verteidegen. Dat heescht, d'Haaptaufgab vum Affekot ass ouni Zweifel, d'Interesse vu sengem Client ze verteidegen. Dat heescht, hie muss also net nëmme säi Client verstoen, mä hie muss och an iwwerhaapt déi Texter, Prozeduren a Pratiqë verstoen, am Kader vun deenen d'Affär sech beweegt.

Elo e puer Beispiller, de Kolleeg Laurent Mosar huet se schonn ugedeit, déi et fir mech absolut realistesch an dofir legitim maachen, dass den Avocat européen, dee sech zu Lëtzebuerg um Barreau aschreift an hei wëllt permanent exercéieren, eis dräi Sproocher kennt.

Firwat? D'Juristerei besteet net nëmme aus legislativen a reglementären Texten, déi jo haaptsächlech hautzudaags op Franséisch verfaasst ginn, quitte dass mer nach ëmmer däitsch Texter hunn, wéi gesot, dat aalt Steiergesetz, notamment och d'Gewerbsteiergesetz vun 1936 hunn, do ass den Originaltext op Däitsch, den éischte Code de la route ass op Däitsch an op Franséisch geschriwwen ginn, et ass am Notairgesetz d'Méiglechkeet, fir dass d'Notairen d'Akten op Däitsch an op Franséisch maachen, mä doniewent, niewent de legislativen Texter, niewent der Prozedur, wou mer jo wëssen, dass se gréisstendeels aus Franséisch besteet, ass awer haaptsächlech d'Praxis an der Vue vun der Protectioun, vun der Défense vun de Clienten extrem wichteg.

Wann Affären uginn, da gëtt et jo net nëmme d'Assignatioun, mä et kënnt d'ganz Beweisführung. Dir

kennt de ganze Problem vun de Piëcen, vun den Akten, vun allen Zorten, dorënner Notairesakten, déi produzéiert ginn um Geriicht, op Däitsch, op Franséisch, Zeieverhéier op Lëtzebuergesch, op Däitsch, op Franséisch, jee nom Wonsch vum Justiciable, deen extra gefrot gëtt, a wat fir enger Sprooch e wëllt gehéiert ginn. Mat Protokollen, op Däitsch oder op Franséisch. D'Comparitions personnelles des parties, déi säit dem Gesetz vun 1986 als Commencement de preuve par écrit acceptéiert ginn, ginn op Lëtzebuergesch, Däitsch oder Franséisch ofgehalen. Virun de Strofgerichter gëtt d'Instructioun an deenen dräi Sproocher gemaach an et gëtt ëmmer méi op Lëtzebuergesch plädéiert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi soll, wéi kann en Avocat européen säi Client optimal verteidegen, wann hien déi dräi Sproocher net, op d'mannst elementar, beherrscht? Wéi kann hie säi Beruff uerdentlech a gewëssenhaft ausüben, wann hie bal dauernd en Interprète géif brauchen? A wie soll da vläicht den Interprète bezuelen? Vläch de Client, oder och nach vläch de Lëtzeburger Stat!

(Brouhaha général)

Wéi steet hie mat sengem Client virum Richter a versteet näischt vun deem, wat de Richter d'Géigepartei oder en Zeie freet?

(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

Wie méi Rechter gär hätt, soll och bereet sinn, nei Flichten ze acceptéieren. Dofir schéngt mir déi Sproochekonditioun net exagéiert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, säit de breet gefächerten Debatten iwwert eis Sprooch vun 1984, déi ech elo nach eng Kéier in extenso duerchgekuckt hunn, hu mir schonns öfters iwwert déi Problematik geschwat, diskutéiert, llicht gestriden, mä meeschtens Léisunge fonnt. Sief et an de Gesetzer iwwert d'Fonction publique, a méi rezent am Nationalitéitengesetz, haut nees eng Kéier an engem wichtege Gesetz, wou et ëm d'Protectioun vun dem Justiciable a vun der Justiz en général geet.

No laangem Iwwerleeës géif ech lech dann haut an hei proposéieren, mir sollte bei der nächster Verfassungsreform, mat där mer jo amgaange sinn, d'Lëtzebuergesch als ons Nationalsprooch an eiser Constitutioun nees verankeren an dem Gesetz et iwwerloossen, wéi dat elo schonn de Fall ass, fir de Sproochesystem an dem legislativen, administrativen Beräich a Justizberäich ze regléieren, wéi dat elo scho besteet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no dësen Iwwerleeunge géif ech soen, dass dëse Projet, mat deem mer vill Iwwerleeës haten, dee mer duerchduecht, amendéiert hunn, wou mer Kontakter haten a weinst deem mer vill gelies hunn, fir ze wëssen, ob mer géife

richteg leien, an deem dann elo a senger leschter Versioun awer en équilibréierten Text ass, dass Der deem am Intérêt net nëmme vum Justiciable, mä am Intérêt vun allen Affekoten, ob et Avocats européens oder Affekoten, déi schonn zu Lëtzebuerg um Barreau sinn, mä haaptsächlech am Interesse vun der Sécurité juridique, stëmmt. Ech droen dësen Text voll. Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Mme Renée Wagener huet d'Wuert nach eng Kéier gefrot.

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- Här President, ech wëllt eng Remarque maachen, well ech elo perséinlech hei ugeschwat gi sinn. Ech hunn dat nach eng Kéier minutiös nogelies, wéi d'Mme Beissel gesot huet, den Avis vum Ordre des Avocats du Barreau an do steet a kengem Saz, dass den Ordre déi dräi Sproocher matenee verlaangt.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Justizminister Luc Frieden.

M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géing gären um Enn vun dëser Debatt dräi Remarque maachen, nodeem ech der Commission juridique an hirem Rapporteur, dee sech vill Méi bei dësem Projet de loi gemaach huet, dem Patrick Santer, villmools merci gesot hunn.

Eng éischt Remarque ass déi, dass am Fong d'Regierung hei e schwierige Stand huet, well dës Direktiv huet net den Accord fonnt vun der Regierung op europäeschem Plang, iwwregens net vun där viregter Regierung, well déi war deemools am Amt an déi huet dës Direktiv net gutt fonnt. Déi nei Regierung huet se och net gutt fonnt, well ech mengen et gëtt, onofhängeg emol vun der Sproochefro, e groussen Ënnerschied tëscht dem Droit an anere Beruffssparten, wéi Medezin oder Handwierker, an duerfir treffen déi Remarken, déi virun iwwert d'Nidderloossungsrecht gemaach gi sinn, net zou.

Den Droit ass nun emol national a gëtt vun all Parlament ënnerschiddlech gestëmmt, wougéint de Bauch vun engem europäeschen an net europäesche Bierger oder de Motto, deem de Garagist flécke muss, fir déi Beispiller ze huelen, déi hei an der Debatt komm sinn, d'nämlechte sinn. Et ass also en Ënnerschied, ob een Affekot an engem Land exercéiert oder ob een a verschiddene Länner Autoe fléckt oder ob een als Dokter a verschiddene Länner operéiere soll.

Dat war de Grond, firwat am Fong déi sukzessiv Regierungen dat hei keng gutt Direktiv fonnt hunn, well hei engem auslänneschen Affekot erlaabt gëtt, ouni iergendwellech Examen, ouni iergendwellech Erfahrung am nationale Recht, an eist Land kënnen ze kommen an ze soen: Ech ginn lech elo emol en Avis am Lëtzebuerger Recht. Oder ëmgedréint, e Lëtzebuerger geet op Athen a seet: Hei ass d'Wieder schéin. Ech installéiere mech hei

an ech maache griichescht Recht. Ech kann dat zwar net extra gutt.

Dat ass de Problem, dee mir mat där Direktiv hunn, mä et muss een akzeptéieren, datt déi Direktiv ugeholl ginn ass am Europäesche Conseil an am Europäesche Parlament. Dat bréngt mech dozou ze soen, datt hei d'Logique du marché sech imposéiert huet.

Vill Europa-Deputéierten hunn deemools gesot: „Mir si fir déi Direktiv, well souwisou déi schlecht Affekote gi vum Marché eliminéiert.“ Ech mengen, datt de Stat eng Pflicht, huet seng Bierger ze schützen, an datt een net d'Logik vum Marché einfach därer dominéiere loossen.

Zweet Remarque: Ech mengen, datt déi Direktiv an d'Ëmsetzung vun där Direktiv keng Katastroph op Lëtzebuerg bréngt. Engersäits kommen net schrecklech vill auslännesch Affekoten, déi heivunner Gebrauch maachen, an anerersäits mussen, een elo de Leit vill méi soen, datt, wa se bei en Affekot ginn, oppasse muss bei wie se ginn, an datt se ganz genee kucken, wat fir en Titel op der Dier steet, well déi auslännesch Affekote mussen jo déi dräi éischt Joer, wou se net d'Erfahrung am nationale Recht hunn, ënnert hirem Titre d'origine/Home title exercéieren. Wann dann op der Dier net steet, datt se Avocat sinn, mä deem nämlechten Titel an enger anerer Sprooch, da soe se domat, datt si ënnert dëser Direktiv an d'Land komm sinn. Ech weess, datt dat schwierig ze vermëttelen ass, besonnesch dann, wa se aus Länner kommen, wou deem Titel ganz no beim Lëtzebuerger Titel ass. Et ass also wichteg, dass d'Konsumente wëssen, wat hei op se zoukënnt.

Drëtt Remarque: Dat betrëfft déi hei de Mëtteg quasi exklusiv diskutéierte Sproocheklausel. Am Fong ass net genuch iwwert de Rescht vum Projet geschwat ginn, mä vu datt dat hei vill diskutéiert ginn ass, wëll ech dozou awer e puer Wieder soen.

Déi Proposition, déi d'Chamber hei sech apprêteiert ze stëmmen, ass déi Proposition, déi d'Regierung schonn am Ufank gemaach hat. Ech halen dorop festzehalen, well hei gesot ginn ass, mir hätten no x Bréiwer op eemol eis Meinung geännert. Dat hei war den initiale Regierungstext. Wann ech ee Moment gesot hunn: Solle mer dobäi bleiwen? Da war dat, well ech net frou sinn, wa mer dëse Projet de loi mussen zwee mol stëmmen, well wa mer zwee mol dee Projet hei stëmmen, dann ass dat, wéi bei all Projet, eng Verzögerung, ëmsou méi wou mer hei schonn déck en retard si mat der Ëmsetzung vun där Direktiv; duerfir huet jo d'Kommissioun en neie Prozess ugestriift beim Europäesche Gerichtshaff. Gott sei Dank kënnt elo d'Summervakanz an um Europäesche Gerichtshaff hu se mer gesot, datt souwisou am Summer do net vill géing lafen. Wann also dëse Projet am Oktober nach eng Kéier gestëmmt gëtt, dann ass dee Problem minimiséiert.

Lëtzebuerg ass nun eben emol an der besonnescher Situatioun, datt mir zu Lëtzebuerg eng Méisproocheg-

keet hunn, an ech ginn zou, datt déi Froen an deem Kontext ganz schwiereg sinn. Eist Land charakteriséiert sech net doduerch, datt deen een déi eng Sprooch schwätzt an deen aneren déi aner Sprooch, mä datt mir an eise Verwaltungen an an eisen Institutiounen gewinnt sinn, an dräi Sproochen ze operéieren.

D'Fro stellt sech also, datt déi, déi un eise institutionelle Liewen deelhuefen, ob déi net och mussen déi dräi Sproochen kënne, an duerfir war d'Äntwert vun der Regierung, datt mir mengen, datt och wa mer d'Schwieregkeete gesinn, datt dat dee richteg Wee wär.

Fir eis ass d'Lëtzebuergesch, d'franséisch an d'däitsch Sprooch en Element vun Integratioun an en Element vum Fonctionnement vun eisen Institutiounen. Ech hu mat villen auslänneschen Affekoten heiriwwer geschwat, déi am Ausland exercéieren, déi ganz erstaunt waren iwwert déi Problematik, déi mir hei hunn, well si soe mir: „Zu Amsterdam kann een net plädéieren a kann een och net als Affekot schaffen, wann ee keen Hollännesch kann.“ Ech hu mat Fransouse geschwat, déi mir gesot hunn, datt et zu Paräis onméiglech ass, als Affekot op engem Geriicht opzetrieden a kee Franséisch ze kënne.

Mir hunn déi particulière Situatioun, datt mir zu Lëtzebuerg och haut schonn a verschidde Sproochen plädéieren. A mengem viregte Liewen hunn ech plädéiert an do ass et heiansdo op Lëtzebuergesch gaangen, do ass et heiansdo op Franséisch gaangen, heiansdo huet ee missen op Franséisch ëmschalten, well de Confrère, dee mat engem plädéiert huet, kee Lëtzebuergesch konnt. Mir kommen also an eng Situatioun, wou mer an Zukunft d'Schwieregkeet hunn, datt wann ee kënnt, deen um Geriicht plädéiert an dee seet: Ech géing gären op Italienesch plädéieren, wat fir eng Attitude dann d'Geriicht muss iwwerhuelen.

Ëmgedréint awer och: A wéi enger Sprooch verstännege mer eis an den Institutiounen? Ech schwätzen oft mat gutt integréierten Auslänner hei zu Lëtzebuerg, déi awer net onbedéngt eis Sprooch kennen. Déi kréie ganz wéineg mat, wat am Parlament geschwat gëtt. Duerfir hunn ech zum Beispill beim Nationalitéitengesetz drop gehalen, datt mer géingen op de Wee vum Lëtzebuergesche goen, an ech wäert nach méi dorobber halen, wann déi nächst Regierung vläicht op de Wee vun der duebler Nationalitéit geet. Well déi soe mir ganz oft: Firwat mécht d'Regierung dat an dat net? Da soen ech: Mir hunn dat schonn an der Chamber gesot. Déi kréien dat awer net mat, well déi gréissten Zeitunge virun allem an däitscher Sprooch berichten.

D'Fro stellt sech also, an ech géing dat hei soen, datt mer héchstwahrscheinlech eis mussen e Gesetz ginn iwwert d'Sproochen, déi mer bei den Institutiounen gebrauchen. Ech mengen, datt mer mussen – an do schwätzen ech als Justizminister – e Gesetz maachen, wou mer dra festleeën, a wéi enge Sproochen um Geriicht geschwat

gëtt, well ech fäerten, datt mer eng Kéier an enger Situatioun sinn, wou e Plaidéur wäert verlaangen, datt e kann a senger europäescher Mammesprooch plädéieren, an datt ech schlecht gesinn, datt mer dann do d'Translatioun op de Gerichter maachen.

D'Element vum Fonctionnement vun den Institutiounen soll een hei net ënnerschätzen. Ech weess, datt et eng schwiereg Fro ass, an et soll ee se net iwwerbewäerten, et soll ee se awer och net ënnerbewäerten.

D'Regierung huet an der Erklärung zur Lag vun der Natioun, déi de Statsminister de 7. Mee 2002 gehalen huet, folgende Saz gesot, deen eis an dëser Debatt soll leede loosse: „Lëtzebuerg“, sot de Statsminister, „dierf kee Land ginn, wat sprachlos gëtt, wann et mat sech selwer schwätze wëllt.“

Mir hunn iwwert déi heite Fro am Kontext vun dësem Projet de loi vill an der Regierung debattéiert. Mir mengen, datt et wichteg wär, datt mer eis am Fonctionnement vun Institutiounen géinge méi mat der Sproocheproblematik ofginn. D'Lëtzebuergesch ass eis national Sprooch. Si ass en integrative Facteur, a mir solle se duerfir an deene sukzessive Gesetzer, déi mer maachen, als Integratiounselement gesinn, net als ausschléissend Element, net als en Element, wat d'Auslänner vun eis ewechdréckt, mä hinne soen: Wann Dir wëllt um institutionelle Liewen deelhuefen – an d'Justiz ass eng Institutioun –, dann ass et noutwendeg, datt der déi Sproochen, déi hei geschwat ginn, verstitt, niewent deenen Elementer vu Protection du consommateur, déi hei opgeworf gi sinn, mä déi in extenso vun anere belicht gi sinn an op déi ech duerfir net wëllt agoen.

Ech sinn also frou, wann dee Projet den Owend an där Fassung géing gestëmmt ginn. Ech stelle fest, datt d'Sozialisten an déi Gréng, wéinst der Sproocheklausel, dëst Gesetz net stëmmen. Ech géing awer si invitéieren, datt mer an deenen nächste Méint géinge kucken, wéi eng Sprooch mir fir d'Institutiounen festleeën, well ech weess, datt dat op de Gerichter schonn haut eng gréisser Diskussioun ass tëscht deenen, déi soen: „Komm, mir plädéiere méi op Lëtzebuergesch“, an deenen, déi soen: „Nee, mir mussen och op Franséisch plädéieren“, an aneren soen: „Mir mussen och op anere Sproochen, wéi zum Beispill Däitsch, notament den däitschen Affekoten, déi kommen, erlaben ze plädéieren.“ Déi Diskussioun géif ech gären eng Kéier an der Commission juridique féieren, fir ze kucken a wéi eng Richtung mer do ginn.

Ech wëll awer nach eng Kéier soen: Fir d'Regierung ass d'Lëtzebuergesch Sprooch en Integratiounselement, wat mer net sollen ënnerschätzen. Ech soen lech merci.

Des voix. - Très bien.

M. le Président. - D'Mme Renée Wagener hätt nach gären d'Wuert, Parole après ministre.

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- Här President, ech wollt just zwou Saachen hei soen.

Des voix.- Neen.

Une voix.- Firwat dann net?

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- Den Här Minister huet elo gesot, datt mer missten iwwert déi Fro do diskutéieren. Dat schéngt mer effektiv de Fall ze sinn. Ech mengen awer, dass hei e gewësse Widdersproch besteet, well wa mer eis wëilten op eng Sprooch eenegen, dann hätte mer dat vläicht scho kéinten an deem heiten...

M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.- ...Ech hu gesot d'Villsproochegkeet ass d'Charakteristik vun eisem Land.

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- Jo, ech hunn dat verstanen, mä d'Méiglechkeet wär jo awer déi ze soen, dass mer um Geriicht eis zum Beispill fir d'Franséischt decidéieren, an da wär et konsequent gewiescht, fir an deem heite Gesetz ze soen: Mir huele Franséisch als eng Sproochekonditioun. Ech hu virdru jo gesot, dass dat e Wee gewiescht wär, wou mir eis hätte kéinten domat ufrënnen.

Dat zweet ass, dass ech wollt richteg stellen, datt ech virdrun net gesot hunn: Déi heite Situatioun ass déiselwecht wéi déi vun de Garagisten oder vun anere Leit. Ech wëll just soen, dass mer hei ëmmer méi eng Tendenz zu Lëtzebuerg hunn - an dat hunn ech virdrun och ganz kloer gesot -, dass an ëmmer méi Beräicher Sproochekonditiounen verlaangt ginn.

Dat ass effektiv eng politesch Fro, iwwert déi een natierlech muss diskutéieren, mä wou ech awer e bëssen Zweifel hunn, ob et ëmmer gerechtfertegt ass. An deem heite Fall ass et gerechtfertegt, doriwwer ze diskutéieren, mä wann awer déi Liene gemaach ginn, esou wéi se an der Kommissioun hiergestallt gi si mat anere Beräicher, wou Sproochekonditiounen opgestallt ginn, dann hunn ech éischer d'Gefill, dass hei Barrieren opgeriicht ginn, wéi dass et hei wierklech ëm praktesch Problemer am Alldag geet. Merci.

M. le Président.- Den Här Henckes huet och nach d'Wuert gefrot.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, d'Regierung huet elo grad gesot gehat, datt si dee praktesche Problem gesäit. Wa mer d'Sproochegesetz vun 1984 net änneren, da wäert dat bei auslänneschen Affekoten, déi heihinner kommen, a bei der alldeeglecher Praxis um Geriicht zu Schwiereregkeete féieren.

Mir sinn, grad wéi d'Regierung, der Meenung, datt d'Lëtzebuergesch eng wichteg Sprooch ass, ons national Sprooch ass, an datt et d'Integratiounssprooch ass, mä da musse mer dat awer am Régime des langues veräitlechen a soen, wéini Franséisch geschwat oder

geschriwwen gëtt a wou, op wat fir engen anere Gerichtsinstanzen, Lëtzebuergesch, Franséisch oder Däitsch kënnen zur Geltung kommen.

Et ass aus der praktescher Noutwendegkeet eraus, wou mir déi Motioun, déi mer herno wäerten diskutéieren oder ofstëmmen, virgeluegt hunn. Dat war och déi Motivatioun, déi mer haten, fir ons bei deem Projet de loi ze enthalten. Ech mengen, datt mer déi dräi Sproochen mussen hunn, dat ass evident, d'Fro stellt sech just, ob mer et an dëst Gesetz drasetzen oder an de Régime des langues. Mir waren éischer der Meenung, datt méi eng effikass Léisung kënnit fonnt ginn iwwert de Régime des langues an duerfir déi Motioun, fir dat esou unzegoen.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss, a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4790 a mir stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 15 si gelies an ugeholl.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 4970.

Vote sur l'ensemble du projet de loi

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalen sech.

De Projet de loi ass mat 37 Stëmme géint 18 a 4 Abstentiounen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler.

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Gusty Graas), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.

MM. Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ont voté non: MM. Jean Asselborn (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Jeannot Krecké), Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Marc Zanussi) et Marc Zanussi.

MM. François Bausch (par M. Robert Garcia), Robert Garcia, Camille Gira (par Mme Renée Wagener), Jean Huss et Mme Renée Wagener.

Se sont abstenus: MM. Jean Colombero, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes et Aly Jaerling.

Dann hu mer nach eng Motioun virleien, déi agereecht ginn ass vum Här Jacques-Yves Henckes. Si ass schonn explizéiert ginn a mir kënnen vläicht direkt driwwer ofstëmmen.

Den Här Lucien Weiler freet d'Wuert.

M. Lucien Weiler (CSV).- Här President, de Justizminister huet virdru proposéiert, déi ganz Fro vun der Sprooch, déi op onse Gerichter soll gebraucht ginn, respektiv déi Problemer, déi sech an deem Kontext stellen, an d'Commission juridique diskutéieren ze kommen.

Déi Problematik, déi den Här Henckes usprécht an där Motioun, situéiert sech an de Kader vun där Fro, wéi eng Sprooch sollen an Zukunft op eise Gerichter geschwat, respektiv och geschriwwen ginn.

Deementspreechend proposéiere mir, déi Motioun an d'Commission juridique ze verweisen, allerdéngs nëmmen, wann den Här Henckes d'accord ass, fir nach eng Rei stilistesche Blöten, notammen déi vum Ministère d'avocat-avoué, deem net méi existéiert, erauszehuelen an nëmme „Ministère d'avoué“ ze schreiwen. Wann en domat d'accord ass, da géife mir proposéieren, déi Motioun ze renvoyéieren.

M. le Président.- Den Här Henckes huet d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Här President, mir fannen, dass et wichteg ass, dass mer iwwert de Sproochegebrauch op de Gerichter diskutéieren. Dës Motioun hat als Zweck, fir justement zu där Debatt ze féieren, dass mer dee Problem sollten diskutéieren. Dofir sinn ech och mat deem Renvoi an d'Commission juridique d'accord. Souwisou wäerte mer jo vläicht nach eng Kéier mat deem heite Gesetz am Hierscht konfrontéiert ginn, wann d'Opposition formelle vum Conseil d'Etat oprechtgehalen gëtt, an dass mer dee Moment déi zwee Problemer nach eng Kéier kënnen diskutéieren a vläicht eng Léisung fannen, déi all Bedenke géing couvréieren.

M. le Président.- Ass d'Chamber d'accord mat där Proposition?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, domat wiere mer um Enn vun eiser Sitzung vun haut ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer de Moien um 9.00 Auer.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 17.49 heures)